och sämtlech Oppositions formelles opgehuewen.

D'Chambre des Salariés huet sech prinzipiell mam Projet de loi averstane gewisen an hat just e puer kleng Remarquen ze formuléieren. Si hätt zum Beispill begréisst, wann d'Formatioun vun den Tramschauffere grad wéi déi vun den Zuchführer vun engem akkreditéierte Centre de formation géif realiséiert ginn, an net vun engem Formateur, dee vum Employeur designéiert gëtt.

D'Chambre de Commerce hirersäits huet de Projet de loi a senger ganzer Gesamtheet begréisst.

D'Chamberskommissioun huet sech an dräi Sëtzunge mat dësem Projet de loi befaasst, dëst mat der Ënnerstëtzung vun der Madamm Félicie Weycker, déi mer hei begréissen an där ech och e grousse Merci wéilt ausdrécken, grad wéi dem Här Oestreicher an der Madamm Stéphanie Biava vun der ACF. E weidere Merci geet wéi ëmmer un eis Sekretärin Rachel Moris an dann nach un d'Kommissioun, déi den 9. Mäerz 2016 mäi Rapport eestëmmeg guttgeheescht huet.

Domat steet dem Vott vun dësem Projet de loi net méi ganz vill am Wee. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun natierlech och.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech hoffen, dass kee Merci vergiess ginn ass. An da géif ech d'Wuert un den Här Serge Wilmes weiderginn.

Discussion générale

M. Serge Wilmes *(CSV).*- Jo, Merci, Här President. D'Madamm Rapportrice huet alles gesot an ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Negri huet d'Wuert.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Villmools Merci, Här President. An och Merci un d'Rapportrice Josée Lorsché. Mir ginn natierlech selbstverständlech den Accord.

Ech wëll just nach eng Kéier vläicht déi Suerg, déi den Här Minister och gedeelt huet mat der Formatioun vun de Chaufferen, déi um Tram fueren, opgräifen, déi eng Neuvième oder eng Cinquième mussen hunn, dass do och déi Psychotester jo gemaach ginn. Well och wann et richteg ass, dass et manner komplizéiert ass, mat engem Tram ze fuere wéi mat engem Zuch, ass trotzdeem jo beim Tram just de B-Führerschäi verlaangt an net wéi op engem Bus de grousse Führerschäin, an do mengen ech, ass et wichteg, dass betreffend Stresssituatiounen, wou en Tram jo awer ka mat bis zu 400 Leit voll sinn, dass een do och bei deene Leit wierklech déi Psychotester do ganz seriö mécht. An den Här Minister hat eis dat an der Kommissioun zougesot an duerfir wëll ech och dann direkt den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Wie freet d'Wuert nach? Den Här Graas, wann ech gelift.

M. Gusty Graas *(DP).*- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech gi ganz éierlech zou, datt dat hei en extrem komplext Gesetz ass, mä wat awer eng ganz grouss Wichtegkeet huet. Et geet virun allem hei ëm d'Securitéit vun engem neien Transportmëttel, wat mer jo gläich kënnen da benotzen, dem Tram.

D'Madamm Lorsché huet hei e ganz ausféierleche Rapport gemaach, soudatt een elo schonn e bësselche méi vun deem Gesetz versteet an och iwwerzeegt ass, fir et dann am Numm vun der Demokratescher Partei kënnen ze stëmmen.

Ech soen lech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech ginn dovun aus, dass déi aner Kolleegen och do dermat d'accord sinn an ech ginn dann dem Här Nohaltegkeetsminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo, Här President, ech kann et och kuerz maachen. Merci iwwregens fir déi breet Zoustëmmung. Ech wollt d'Madamm Rapportrice awer an engem Punkt korrigéieren.

Plusieurs voix.- Ooh!

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech mengen, si huet d'Zuelen e bëssen duerjerneegehäit: Et ware keng 50 Opposition-formellen, mä et ware 50 Amendementen. 50 Amendementen, awer et ware 17 Opposition-formellen. Dat sinn der nach ëmmer genuch. Et sinn der nach ëmmer genuch, mä tëschent 17 a 50 (veuillez lire: ass nach en Ënnerscheed), just wéinst der Richtegkeet awer.

(Brouhaha et interruption par Mme Josée Lorsché)

Fir de Rescht soen ech, wéi gesot, Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci fir...

Une voix.- Gitt an d'Spillzëmmer!

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Fir de Rescht soen ech lech Merci fir déi breet Zoustëmmung, well et ass e wichtege Projet, fir datt mer kënnen, sou wéi et virgesinn ass, nach virum Summer ufänken, fir Testfaarten ze fueren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da kéinte mer iwwert de Projet 7034 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7034 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo an der Gare.

Voilà, 60-mol Jo, mir hunn Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marco Schank), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

Plusieurs voix.- Neen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also elo ass d'Spillzëmmer awer wierklech fälleg.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ma ech däerf dach soen, wat ech wëll!

(Hilarité, exclamations et interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, Dir musst lech awer konsequent bleiwen.

Voilà. Da géife mer zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun de Mëtte kommen. Dat ass de Projet de loi iwwert de Fonds du logement, oder deen zukünftegen neie Fonds du logement. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, deen och scho prett ass, den Här Max Hahn.

7. 6916 - Projet de loi portant réorganisation de l'établissement public nommé «Fonds du logement»

Rapport de la Commission du Logement

M. Max Hahn *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Wann d'Nofro no Wunnraum grouss ass, riskéiere virun allem déi méi Schwaach an eiser Gesellschaft duerch de Kuerf ze falen, ob dat Elengerzéier sinn, déi Schwieregkeeten hunn, zum Schluss vum Mount déi zwee Enner zesummenzekréien, jonk Leit, déi nach um Ufank stinn a sech eppes an hirem Liewe leeschte wëllen, oder aner Leit mat klengem Akommes.

D'Politik huet dëse Leit géintiwwer eng Verantwortung. Et ass d'Aufgab vun der Politik, hinnen Zougang zu bezuelbarem Wunnen ze verschafen. Mir wëssen awer, dass den Drock op de Wunnengsmaart zu Lëtzebuerg grouss ass. Ëmsou méi musse mir derfir suergen, dass déi wunnengspolitesch Instrumenter besser openeen ofgestëmmt sinn an nei Instrumenter en place gesat ginn, fir dëser Aufgab gerecht ze ginn.

Wunnengsbaupolitik fonctionnéiert net mam groussen Hummer, oder vläicht an dësem Kontext méi passend: mam grousse Bagger, ouni Rücksicht op landesplaneresch Prinzipien an ouni Rücksicht op eng harmonesch Entwécklung an eisen Dierfer a Stied. Et sinn éischter déi vill kleng Feinofstëmmungen un de richtege Stellschrauwen, déi méi bezuelbare Wunnraum fir eis Bierger schafe wäerten.

Ech denken un eng „subvention de loyer", déi säit méi wéi engem Joer a Kraaft ass a Leit hëlleft, déi sech e Loyer um fräie Marché nëmme schwéier leeschte kënnen. Ech denken awer och u Steiermesuren, déi mat der Mesure vum Quart de taux souwuel op der Säit vun der Offer wierken, mä awer och mat geziilten Abattementen direkt bei de Leit ukommen, déi sech en éischt Eegenheem kafe wëllen. Ech denken un de Baulückeprogramm an un déi geplangt Baulandverträg, déi gëschter am Regierungsrot op den Instanzewee geschéckt goufen. Dës Baulandverträg wäerte sécherstellen, dass nei Terrainen och fir d'Baue genotzt ginn an net als Spekulatiounsobjete broochleie gelooss ginn.

A genee an dës vill Initiative vun der Regierung reit sech och d'Reorganisatioun vum Fonds du logement an, iwwert déi mer dann haut hei zesumme schwätzen.

De Fonds ass en Établissement public an eng vun zwou staatleche Wunnengsbaugesellschaften. Déi aner ass d'SNHBM, d'Société nationale des habitations à bon marché. Alle béid hunn als Aufgab de soziale Wunnengsbau, an dat, fir dass och déi Leit zu erschwénglechem Wunnraum verhollef kréien, déi um normale Wunnengsmaart net vill Chancen hunn.

An all Struktur ass et nëtzlech, vun Zäit zu Zäit d'Organisatioun an d'Aarbechtsofleef kritesch ze hannerfroen. Ginn déi gesaten Ziler erreecht, entsprécht d'Gouvernance den haitegen Ufuerderunge vun der Zäit? Fonctionnéieren d'Kontrollmechanismen? A wéi gesäit et aus mat der Transparenz?

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

D'Regierung huet sech kloer d'Zil gesat, d'Effikassitéit vum Fong an der SNHBM an d'Luucht ze setzen, dat heescht virun allem méi Wunnengen ze schafen. Der SNHBM ass dat am leschte Joer schonn exzellent gelongen. Ronn 230 Wunnenge sinn d'lescht Joer vun hir gebaut ginn. Si sinn um Wee, fir der dëst Joer 250 ze bauen, wat méi wéi eng Verdräifachung bannent zwee Joer ass, wat déi Saach nach méi eenzegaarteg mécht.

Fir d'Effikassitéit vum Fong awer ze erhéijen, huet d'Regierung eng genee Analys vu sengem Fonctionnement an Optrag ginn. D'Resultater vun dësem Audit hu sëlleche Schwaachstellen a Problemer opgedeckt, déi mir haut mat dësem Projet elo wäerte behiewen.

Ech wäert elo op dëser Plaz net an den Detail vun de Resultater an de Recommandatioune vun dësem Audit agoen. An awer ass et vläicht ganz nëtzlech, der e puer ze rappeléieren: Sou huet et zum Beispill u klore Prozedure gefeelt, beispillsweis fir d'Uschafung vun Terrainen an d'Wiel vun de Locatairen. Net zäitgeméiss war och d'Organisatioun vum Fong, wou et beispillsweis kee Verwaltungsrot ginn ass, dee lassgeléist vum Dagesgeschäft déi grouss Linne konnt virginn. Och d'Tatsaach, dass de Fong am Joer 2014 nëmmen 30 Wunnenge fir d'Locatioun fäerdeggestallt huet, weist kloer, dass de Fong de politeschen Ufuerderunge vu méi erschwënglechem Wunnraum am locative Beräich net genuch konnt Rechnung droen.

Nieft dem Audit, deen d'Regierung an Optrag ginn huet, huet och d'Cour des comptes an hirem Rapport iwwert d'Gestioun vun de Finanze vum Fong an de Joren 2012 an 2013 op d'Noutwendegkeet vun enger grondleeënder Reform vun der Organisatioun, dem Fonctionnement an de Prozedure vum Fong higewisen. Ech ginn elo net op den Detail vun dësem Rapport an, mä e weist kloer, dass d'Gestioun vum Fong an der Vergaangenheet net eisen Usprréch vu klore Prozeduren an Transparenz entsprécht, déi mir un en Établissement public musse stellen.

Et ass an dësem Kontext, wou d'Reorganisatioun vum Fong ze verstoen ass. Et ass eng Reorganisatioun am Sënn vun enger besserer Gouvernance, engem bessere Contrôle an enger verstäerkter Transparenz.

Madamm Presidentin, de virleiende Gesetzesprojet setzt de geneeë Kader, deen et erméiglecht, den interne Fonctionnement vum Fong ze verbesseren, soudass hie senge Kärmissiounen am Intérêt public besser nokomme kann. Dëse Kader erméiglecht et och, dass de Recommandatioune vun der Cour des comptes a vum Audit Rechnung gedroe ka ginn.

Et konnten awer och eng Rei Verbesserungen an den Ofleef am Fong d'lescht Joer schonn entaméiert ginn, déi net dëst Gesetz hu misse betreffen. Dat si Facteure wéi e besseren Informatiounsfloss an d'Definitioun vu kloren Attributioune vun de Mataarbechter. An deem Sënn kann d'lescht Joer als en Transitiounsjoer ugesi ginn, wou de Fong huet missen e bëssen Ulaf huelen, fir an Zukunft kënne méi héich ze sprangen.

Madamm Presidentin, e wichtegt Uleies beim virleiende Gesetz war et, dass de Fong sech an Zukunft verschäerft op d'Schafe vu Locatiounswunnenge konzentréiert. Et ass do, wou mir hei am Land e grousse Bedarf hunn, an et ass och sënnvoll, dass de Stat sech e gréissere Pool vu Wunnengen zouleet, déi deene Leit, déi et brauchen, kënnen zur Verfügung gestallt ginn.

Gradesou wichteg ass awer och, dass e proppere Suivi social vun de Locatairë gemaach gëtt. Dësen ass dofir an Zukunft an de Missioune vum Fonds du logement abegraff.

Wat d'Dotatioun vum Fong betrëfft, war et onbedéngt noutwendeg, nei Transparenzregelen anzeféieren. De Montant ass den Ament op 200 Milliounen Euro festgeluecht. Et huet awer bis ewell un enger klorer Affektatioun vun dëser Dotatioun gefeelt, soudass et an der Praxis derzou komm ass, dass déi Suen deelweis och genotzt gi sinn, fir lafend Käschten ze bezuelen.

Dëse System ass onméiglech esou bäizebehalen, net zulescht och opgrond vum europäesche Regelwierk a Saache Statshëllefen, déi aus dem sougenannten „paquet SIEG" resultéieren. Ech wëll op dëser Plaz net an all déi technesch Detailer vun dëser Matière agoen. Et ass awer wichteg ze soen, dass d'Aktivitéite vum Fong an de Beräich vun den „Missions de service public" falen. De Stat kompenséiert de Fong deemno fir seng Aktivitéiten am Déngscht vun der Allgemengheet. Dëst muss no bestëmmte Regelen oflafen, wat dann och an Zukunft fir de Fong wäert gëllen.

Fir Detailer zu dësem Thema géif ech dann och op mäi schréftleche Rapport verweisen. Just nach eng Remarque dozou: An dësem Zesummenhang fält och déi steierlech Exemptioun um Benefiss fir de Fong ewech, dat erëm wéinst den europäesche Regelen an dëser Matière, fir deenen nozekommen.

Madamm Presidentin, ech war uganks schonns drop agaangen: De Fonds du logement huet an der Vergaangenheet net esou effikass geschafft, wéi et wënschenswäert ass a wéi mir dat eise Bierger bei engem Établissement public schëlleg sinn. Dat läit zu engem groussen Deel un de Verwaltungsstrukturen, déi net méi zäitgeméiss sinn.

Den aktuelle Comité-directeur gëtt ersat duerch e Verwaltungsrot, wou och d'Mandatszäit vun de Memberen op fënnef Joer begrenzt gëtt. Si kënne maximal eemol erneiert ginn. Bis elo war dëst Mandat net an der Zäit limitéiert. Dëst wäert derfir suergen, dass et regelméisseg zu personellen Erneierungen am Verwaltungsrot wäert kommen, wat hautdesdaags gängeg Praxis a Verwaltungsréit ass an e gesonde Roulement sécherstellt. Eng Neierung an deem Kontext kann een awer och nach ervirsträichen: D'Fonctionnairen, déi Member am Verwaltungsrot sinn, behalen dat Mandat just nach bis dee Moment, wou se an d'Pensioun ginn.

Nei ass, dass am Verwaltungsrot an Zukunft och e Vertrieder aus dem Syvicol wäert sëtzen. Dëst schéngt mir logesch, wann ee bedenkt, wat fir e wichtegen Akteur d'Gemenge besonnesch am Beräich vum locative Wunnengsbau sinn. Am Zäitraum tëscht 2013 an 2016 hunn d'Gemenge quasi zwee Drëttel vun dësem Typ vu Wunnengen hei am Land geschaaft. Et wäert dem Fong och guttdoen, e Gemengevertrieder am Verwaltungsrot ze hunn. Dëse ka seng praktesch Erfahrung aus der Gemeng matafléisse loossen an domadder och indirekt eng besser Zesummenaarbecht tëscht Fong a Gemenge bewierken.

D'Direktioun vum Fong gëtt net méi vun engem President vum Verwaltungsrot, mä vun engem Direkter a vun zwee bäigeuerdneten Direkteren assuréiert. Domadder gëtt et an Zukunft eng kloer Trennung tëscht Direktioun a Verwaltungsrot. D'Direktioun ka sech ëm d'Alldagsgeschäfter an déi intern Gestioun këmmeren an de Verwaltungsrot ass verantwortlech fir déi grouss strategesch Linnen an natierlech

och, fir eng gewësse Kontrollfunktioun auszeüben.

Iwwregens huet d'Regierung schonn d'lescht Joer op dës Recommandatioune vum Audit reagéiert, andeems se dem President e Coordinateur général zur Säit gestallt huet. An Zukunft spigelt sech dës Trennung vun Exekutiv a Verwaltungsrot dann och kloer an de Strukture vum Fong erëm.

Madamm Presidentin, et ass de politesche Wonsch, dass de Fong verstäerkt an der Locatioun aktiv gëtt. Fir dëst ze erméiglechen, gëtt déi staatlech Garantie däitlech an d'Luucht gesat. Bis elo konnt de Stat eng Garantie vu bis zu 25 Millioune ginn, am Fall wou de Fong Prêten opgeholl huet. Dës Limitt gëtt elo op 120 Milliounen Euro ugehuewen. Dëst verschaaft dem Fong däitlech méi Flexibilitéit a spigelt de Wonsch vun der Regierung erëm, dass de Fong seng Aktivitéiten am locative Wunnengsbau däitlech verstäerkt.

Madamm Presidentin, e leschte wichtege Punkt, op deen ech wëll agoen, ass d'Kontroll vum Fong. D'Vergaangenheet huet gewisen, dass bei der Gestioun vum Fong net ëmmer alles „selon les règles de l'art" ofgelaf ass. Et ass dofir de Wonsch, de Contrôle ze verstäerken. De Projet gesäit dofir vir, dass de Logementsminister an Zukunft e Commissaire de Gouvernement nennt, deen Informatiounen iwwert déi technesch, administrativ a finanziell Gestioun ufroe kann. Dëse Kommissär wäert och systematesch iwwerpréiwen, dass d'Konventioune mam Stat respektéiert ginn. Sollt et dann zu Divergenzen tëscht dem Logementsminister an dem Verwaltungsrot vum Fong kommen, zielt dem Minister seng Siichtweis, dee jo schliisslech och déi politesch Responsabilitéit muss droen.

Madamm Presidentin, déi professionell Chamberen hunn eng Rei konstruktiv Remarquen zum Projet gemaach. An ech si frou, dass si d'Positioun vun der Regierung ënnerstëtzen, fir dass de Fong sech verstäerkt op d'Locatioun konzentréiert. Ech verweisen do awer fir den Detail op mäi schréftleche Rapport.

Beim Avis vum Statsrot erlaben ech mer, besonnesch op zwee Punkten anzegoen. Dat ass engersäits d'Fro no der juristescher Form. D'Kommissioun war sech awer eens, dass den Établissement public hei déi richteg Form wier, well deen awer méi Fräiraum genéisst wéi eng einfach Verwaltung.

Deen anere Punkt ass d'Noutwendegkeet vun engem Commissaire de Gouvernement am Verwaltungsrot. Mä och hei war d'Kommissioun sech eens, dass et beim Fonds du logement vun enger grousser Wichtegkeet wier, e geneeën Iwwerbléck ze hunn an eng gewësse Kontrollfunktioun auszeüben. Fir de Rescht verweisen ech dann hei nach eemol op mäi schréftleche Rapport.

Madamm Presidentin, eng effikass Wunnengsbaupolitik besteet aus ganz ville Mesuren. An nëmmen déi vill Mesuren am Package kënne mëttelfristeg zu engem gudde Resultat féieren. Mat dësem Gesetz gëtt eng weider Tëschenetapp ofgeschloss, well de Fong moderniséiert a besser organisationell opgestallt gëtt.

De Fong huet awer net op dëst Gesetz gewaart, fir schonn Efforten ze maachen. Déi vill grouss a kleng Projeten, déi uechtert d'ganzt Land op de Wee bruecht wäerte ginn, weisen dat. Ech denken hei un dee grousse Projet „Laminoir" zu Diddeleng, awer och de grousse Projet „Wunne mat der Wooltz", wou zu Wolz e ganz neie Quartier mat enger ganz héijer Liewensqualitéit wäert entstoen.

Ech kéint nach vill anerer opzielen, sief dat zu Zolwer, Iechternach oder zu Esch-Sauer. Well am Endeffekt ass et dat, wat zielt: dass Wunnenge fir Leit entstinn, déi se dréngend brauchen, ob Studenten oder Pensionären, Familljen oder Elengstoender.

Domadder soen ech dem Logementsminister, awer och de Beruffskummere wéi dem Statsrot e grousse Merci, dat well mir all zesummegeschafft hunn, fir en Text ze kréien, dee kloer ass an deen de Fong fit mécht fir d'Zukunft.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Rapporteur Max Hahn. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Marc Lies. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Lies *(CSV).*- Madamm Presidentin, Dir Dammen, Dir Hären, virop wéilt ech dem Max Hahn gär Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport.

De Projet de loi N°6916 ass gläichbedeitend mat der Reorganisatioun vum Fonds du logement. De Projet de loi gouf de 26. November 2015 deposéiert. Am Historique gesi mer, datt am Kader vum Gesetz iwwert de Budget vum Joer 1973 e spezielle Fong mat der Denominatioun „Fonds pour le logement social" en place gesat ginn ass opgrond vu verschiddene Mesuren, déi vun der deemoleger Regierung am Beräich vum Logement social geholl gi sinn. An engem Rapport vum Conseil économique et social am Mee 1971 iwwert déiselwecht Problematik gouf dësen neie Fong am Kader vum Statsbudget kreéiert.

D'Gesetz vum Februar 1979 iwwert d'Aide au logement huet déi gesetzlech Basis geluecht, wat d'Promotioun vum subventionéierten oder soziale Wunnengsbau ugeet an natierlech wat déi jeeweileg Hëllefen am Beräich vum Logement sinn.

Eng vun deene sëlleche Mesuren, déi deemools geholl gi sinn, wor d'Kreatioun vun engem Établissement public mat der Denominatioun „Fonds pour le logement à coût modéré", och nach einfach „Fong" genannt. D'Vokatioun vum Fong war d'Viabilisatioun vu Bauland an natierlech de Bau vu Wunnenge fir d'Vente an de Bau vu Wunnenge fir sozial Mietzwecker.

D'Gesetz vum 23. Juli 1983 huet d'79er Gesetz iwwert d'Aide au logement an deem Sënn ugepasst, datt de Fong zum Promoteur public ginn ass an esou och vun den Hëllefen aus dem '79er Gesetz konnt profitéieren.

Mam Gesetz vum 8. November 2002 gouf den Numm vum Fong ëmgeännert an „Fonds pour le développement du logement et de l'habitat". De Gesetzgeber huet zu deem Zäitpunkt mam Ëmännere vum Numm awer och eng Dier opgelooss, fir an Zukunft dëser Struktur eng méi wäerteneutral Denominatioun ze ginn. Den Term „Fonds du logement", esou wéi en elo am Gesetz proposéiert an am Dagdeeglechen och als Numm ëmmer benotzt ginn ass, hat a wäert och an Zukunft en éischter pejorative Bäigeschmaach behalen.

Elo bei der Restrukturatioun ass d'Chance bei der Namensgebung verpasst ginn, ugefaange beim Numm dës Struktur vu Grond op ze reforméieren. Ech kommen e bësse méi spéit nach méi ausféierlech op dëse Punkt zréck.

2002 gouf awer och de Constat gemaach, datt d'Missioune vum Fong an awer och d'Missioune vum ëffentleche Sexteur..., Secteur net breet genuch gefächert wieren.

(Interruption)

Klenge Lapsus!

(Hilarité)

Une voix.- Net schlecht.

(Interruptions)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Lies...

M. Marc Lies *(CSV).*- Jo, ech maache weider.

(Hilarité)

Am Gesetz...

(Interruption)

Neen, neen, neen! Elo bleiwe mer seriö, gediert!

Am Gesetz goufen opgrond vun dëser Feststellung nei Komponente mat ageschriwwen: réaliser l'acquisition et l'aménagement de terrains à bâtir, d'Réserves foncières, d'Schafung vun neie Quartieren, Reduktioun vum Coût d'aménagement vu Bauterrainen, Mise en place vum Bail emphytéotique bei der Vente vu Wunnengen, Ausbau vun der Zuel u Sozialwunnengen.

Mat de Joren ass ëmmer méi kloer ginn, datt d'ëffentlech Hand net genuch Baulandreserven hat. Mam Gesetz vum Pacte Logement am Joer 2008 hunn d'Gemengen, de Fong an de Stat e Virkafsrecht kritt. Dëst Gesetz huet de Wee fräi gemaach, fir am Interesse vun der Allgemengheet neit Bauland an awer Immobilien opzekafen, déi da fir sozial Zwecker oder subventionéierte Wunnengsbau sollte genotzt ginn. An ech mengen, datt dës Dispositioun am Gesetz an de leschte Joren dozou gefouert huet, datt eng sëllechen Terrainen a Gebaier an de Besëtz vun der Allgemengheet komm sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, am Joer 2009 gouf en éischen Audit vun Deloitte iwwert de Fonds du logement gemaach. An dësem Audit goufe verschidde Prioritéite festgehalen. Als eng éischt Prioritéit sollt eng Adaptatioun vun de Strukturen an dem Fonctionnement gemaach ginn. Mat der Separatioun vum Service Location an dem Service Vente am Joer 2011 ass deem Rechnung gedroe ginn. Enner anerem sollt och den Organigramm ugepasst ginn. Am Joer 2010 goufen an dësem Sënn dräi nei Tableaux de carrière vum Comité-directeur en place gesat.

Iwwer eng Restrukturatioun vum Fong goufe sech deemools och scho Gedanke gemaach. Mat dem Depôt vun deenen zwou Sociétés nationales SNDU - Société nationale de développement urbain - a Fonds du logement national de 5. Dezember 2012 gouf op d'Fro vun der Restrukturatioun och eng Äntwert ginn.

Wat woren d'Ziler vun dësem Audit? «Une capacité de production arrivée à sa limite; optimiser l'organigramme; adaptation indispensable de la structure.»

A wat woren d'Ziler vun der SNDU? «Amélioration des processus d'exécution des différents projets d'aménagement», Opkaf vun Terrainen, Realisatioun vu Bauprojeten an esou weider, «support et assistance aux autorités communales», an dëst wéilt ech besonnesch ënnersträichen, well et wichteg ass, datt d'Gemenge verstäerkt och vusäite vun der ëffentlecher Hand ënnerstëtzt ginn, wann et drëm geet, fir subventionéierte Wunnengsbau oder soziale Mietwunnengsbau kënnen ze bedreiwen. «Création de synergies et d'économies d'échelle» wor en anere Punkt.

A wat woren d'Ziler vun der zweeter Entitéit, dem Fonds du logement national? «L'acquisition, la gestion et la location de biens immobiliers destinés au parc locatif social.» Also zwou verschidde Strukturen an och mat zwou verschiddene Missiounen.

Dir Dammen an Dir Hären, datt eng Reform vum Fong noutwendeg ass, steet ausser Fro a beleeën dës puer Erläuterungen, déi ech Iech elo just ginn hunn. D'Aart a Weis, wéi dës Reform awer an Ugrëff geholl ginn ass, ass bedauerlech an deelweis och verwerflech.

Bei der Argumentatioun, firwat de Fong sollt reforméiert ginn, kann ee jo nach zoustëmmen, wann et ëm d'Offer an d'Präisspiral geet, eng Präisspiral, déi monter virugeet, wa mer beispillsweis d'Präisentwécklung bei der Vente an der Locatioun vu Wunnengen tëscht dem zweete Semester 2015 an dem zweete Semester 2016 kucken. Bei der Vente vu Wunnenge sinn dat 7,3% a bei dem Loyer moyen annoncé ass dat eng Hausse vu 4,1% iwwert d'Joer gesinn. D'Präisentwécklung bei de Loyeren dierft an deenen nächste Jore sécherlech nach weider kräfteg unzéien.

De Fonds du logement (veuillez lire: D'Restrukturatioun vum Fonds du logement) hätt iwwer en anere Wee wéi dee vun der Revokatioun vun hirem fréiere President missen ugefaange ginn. Viru knapps zwee Joer hunn ech dëst am Kader vun der Debatt iwwert de Logement hei op der Chamberstribün gesot: „Déi nei Presidentin, d'Madame Fernandes, dierft sécherlech keng einfach Aufgab mat der Successioun vum Här Miltgen hunn. Bis datt de Fonds du logement no der Revokatioun vum Här Miltgen nees vollstänneg fonctionnel wäert sinn, dierft nach eng Zäitche vergoen. Dës Onrou an Onsécherheet dréit op kee Fall zur Produktivitéit bäi."

Ech fille mech zwee Joer no dëser Debatt méi wéi bestätegt an dëser Ausso, wann ech héieren, welch Problemer datt de Fong am operative Beräich huet, sief dëst aus eegener Erfahrung oder vusäite vu sëlleche Leit, déi mir dat rapportéiert hunn.

De 37. Bilan vum Fong mécht däitlech, datt am Actif circulant déi zukünfteg Produktivitéit par rapport zum Joer 2014 ëm 5 Milliounen zréckgaangen ass. Och ginn am Bilan 2015 Acquisitioune gefouert, déi awer effektiv am Joer 2014 realiséiert gi sinn. Dëst gëtt ferm ze bedenken, wat d'Transparenz ugeet.

Vun Transparenz wëll ech guer net schwätze bei der neier Form vu Venten iwwert d'„vente par soumission cachetée". Den Term „cacheté" dierft jo wuel alles aussoen.

Datt meng lescht Question parlementaire iwwert de Fonds du logement bis haut net beäntwert ass an iwwert den Délai de réponse erausgeet, verwonnert mech definitiv och net.

Iwwert d'Form, wéi de fréiere President aus sengem Amt erauskomplimentéiert ginn ass, wëll ech haut net ze vill Wierder verléieren, ausser deem, datt et eng Schan ass, wéi mat kompetente Leit verfuer gëtt, déi wärend Jorzéngten eng gutt Aarbecht fir d'Allgemengheet verriicht hunn.

Zum Fong vun der Reform, fir net ze soen, vun der „Reförmchen", do wier et besser gewiescht, wann dat alles méi geräuschlos a méi „smooth" iwwert d'Bün gaange wier.

De Wunnengsbaumaart gëtt ëmmer méi komplizéiert a komplex. Doduerch ass et wichteg, datt dës Struktur eng Marge de manœuvre behält, déi et hir erlaabt, um Maart kënnen aktiv ze ginn a schnell ze reagéieren. Wat ee sech méi Restriktioune gëtt, wat et méi schwiereg gëtt, am haart ëmkämpften Immobiliemaart dat ëmzesetzen, wat ee sech op de Fändel geschriwwen huet. Datt de Fong sech mat dëser „tutelle prononcée" en décken Hemmschung undeet, monéiert ënner anerem och de Statsrot.

Ze begréissen ass, datt de Syvicol an Zukunft och e Vertrieder am Conseil d'administration vum Fong soll kréien. Datt de President vum Conseil d'administration an Zukunft näischt méi mam operative Beräich ze dinn huet, ass eng sënnvoll Änderung. Datt de Fonds du logement an Zukunft awer e Generaldirekter an zwee Directeurs adjoints soll kréien, ass definitiv net nozevollzéien.

Och de Statsrot konnt sech iwwert dës Dispositioun vun dräi Leit am Comité-directeur nëmme verwonneren. Op d'Fro, wat dann déi jeeweileg Aufgabeberäicher vun dësen dräi Leit solle sinn, konnt de Minister an der Chamberskommissioun och keng zefriddestellend Äntwert ginn. Hei gëtt e Waasserkapp en place gesat, deen eng Staang Geld wäert kaschten a vun deem d'Produktivitéit nach ofzewaarde bleift. Datt dës dräi Leit un der Spëtzt vum Fong net eng Mandatsfrist solle kréien, ass och extrem verwonnerlech. Bei aneren Institutiounen ass dat Flicht an et freet ee sech, firwat beim Fong net och eng Mandatsdauer agesat gëtt. Vläicht kann de Minister eis herno nach e puer Erläuterungen heizou ginn?

Mir sinn och net der Meenung, datt de Fong iwwer een oder méi Prêten ënnert der Garantie vum Stat sech bis zu maximal 120 Millioune kéint refinanzéieren. Sollten an den nächste Jore sougenannt „Projets d'envergure" ëmgesat ginn, dann huet de Fonds du logement am Viraus genuch Zäit, fir dës Projeten iwwer en adequat Gesetz kënnen unzegoen. Dëst ass net alleng d'Meenung vun der CSV-Fraktioun, mä och d'Meenung vum Statsrot.

An der Chamberskommissioun woren och méi Stëmmen, déi dëser Propos éischter kritesch géigeniwwerstoungen, och vusäite vun der Majoritéit. Et dierft een also dorop schléissen, datt de Fong opgrond vun dëser Enveloppe an Zukunft just nach sozial Mietwunnenge sollt bauen. Dës Mesure wäert eng ganz staark Implikatioun op d'Funktiounsweis, awer och op d'Wirtschaftlechkeet vum Fong hunn.

Verwonnerlech ass, datt an de Missioune vum Fong näischt méi vu Réserves foncières steet. Meng Interpretatioun vun engem Bauvorhaben ass ëmmer nach déi, datt een am Viraus emol am Besëtz vu Bauland muss sinn. Op eng Question parlementaire vum Serge Wilmes a vu mir selwer, wou et genau ëm dëser Baulandreserven an der Stad Lëtzebuerg geet, hu mir vum Minister eng méi wéi auswäichend an deelweis inkohärent Äntwert kritt.

Dës Regierung wëllt eis zanter dräi an engem hallwe Joer wäissmaachen, datt de Wunnengsbau absolutt Prioritéit huet. Dann huet ee vun eise Promoteurs publics Baulandreserven, déi relativ einfach ze lotisséiere wieren, an da geet dëse Promoteur public net dohin a reklaméiert bei der Modifikatioun vum PAG, datt dës Terrainen an eng Zone économique ëmklasséiert gi sinn! Déi puer aner Proprietairen, déi an dëser Zon louchen, hu reklaméiert, just de Fong net.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eiser Meenung no geet de Suivi social och net wäit genuch. De Fong sollt sech zur Aufgab maachen, eng gemeinsam Plattform mat den Offices sociaux uechtert d'Land opzebauen an en adequaten a konsequente Suivi social mat de Leit ze maachen, déi eng Sozialwunneng zur Verfügung gestallt kritt hunn. Et geet net eleng duer, duerno ze kucken, datt dës Leit dës Wunneng kritt hunn, respektiv duerno ze kucken, datt Recht an Uerdnung an dësen Immeublë sollen agehale ginn, et muss och mat den Nutznießer vun dëse Wunnenge geschafft ginn, soudatt och dës Leit no enger gewëssener Zäit an no enger Rei vun Efforten um fräie Maart nees kënnen ënnerbruecht ginn. Dëst géif dozou féieren, datt dës Sozialwunnengen nees vun anere Leit genotzt kéinte ginn.

Iwwert de Règlement grand-ducal vun 1998, wat d'Berechnung vum Loyer bei soziale Mietwunnengen ugeet, sollt de Minister sech och emol Gedanke maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, schlussendlech geet eis dës Reform vum Fonds du logement net wäit genuch. Wéi virdru scho gesot, huet deen deemolege Wunnengsbauminister, de Marco Schank, am Joer 2012 de Projet de loi iwwert d'SNDU, d'national Wunnengsbaugesellschaft, op den Instanzewee bruecht. Datt un der Form sécher nach hätt misse geschafft ginn, steet ausser Fro. Zu enger Fusioun mat der Société nationale des habitations à bon marché dierft et och net kommen. De Grondgedanke vun dëser Wunnengsbaugesellschaft war awer richteg an hätt zu enger richteger Reform vum subventionéierten a soziale Mietwunnengsbau gefouert.

D'CSV hält weider un hire Proposen aus dem Wahlprogramm fest, datt d'Schafung vun

enger Wunnengsbaugesellschaft, wou d'Gemenge verstäerkt matagebonne solle ginn, mëttel- bis laangfristeg zu enger Verbesserung vum subventionéierte Wunnengsbau a vum soziale Mietwunnengsbau géif féieren, dëst an enker Zesummenaarbecht tëscht Gemengen, Promoteur public an awer och dem private Constructeur.

Hei pour rappel nach eng Kéier genau dës Propos, déi mir och am Kader vum Débat logement viru ronn zwee Joer gemaach hunn:

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Wéi kéint dës Kollaboratioun och mat engem private Constructeur, dee clé en main baut, ausgesinn? Terrainen, déi am Besëtz vun de Gemenge sinn, nodeems e PAP gemaach ginn ass, kënnen iwwer eng ëffentlech Ausschreiwung, wat de Bau vu subventionéierten oder Mietwunnengen ugeet, un e private Constructeur an enger Entreprise générale vergi ginn. Dës Entreprise générale ass dann zoustänneg fir d'Emsetzung vun dëse Wunnengen. Am Bordereau de soumission muss e genaue Beschrieb sinn, wéi dës Wunnenge sollen ausgestatt ginn a wat den approximative Coût final toutes taxes comprises pro Meter carré BGF, also Bruttogeschossfläch, a Surface habitable soll sinn.

Den Terrain bleift virun am Besëtz vun de Gemengen, d'Vente fënnt zu deeneselwechte Konditiounen iwwer Erbpachtvertrag wéi bei de Promoteurs publics statt. An och d'Locatioun vu Wunnenge kéint iwwer eng Agence locale vun der Wunnengsbaugesellschaft geréiert ginn. D'Agence ass dann och responsabel fir de komplette Suivi an enker Zesummenaarbecht mat der jeeweileger Gemeng an dem Office social aus där Gemeng. De Suivi kann natierlech och iwwer Syndikater vu Gemengen an Offices sociaux goen.

Dës Approche reit sech an d'Iwwerleeunge vun der viregter Regierung an, déi mat enger Wunnengsbaugesellschaft d'Basis fir dës Form vu staatlecher, kommunaler a privater Kollaboratioun wollt leeën. Besonnesch déi grouss Gemenge wéi d'Stad Lëtzebuerg oder Esch missten hirer Verantwortung hei nokommen.

Dës Form vun Zesummenaarbecht wier eng Win-win-Situatioun fir jiddwereen. Éischtens kéint d'Offer u Wunnengen ënnert dëser Form vun Zesummenaarbecht méi schnell an d'Luucht gedriwwe ginn. Zweetens wier assuréiert, datt de private Constructeur iwwert déi nächst Jore mat Aarbecht versuergt wier. Drëttens kënnen nei Aarbechtsplaze geschafe ginn, déi an dëse kommunalen oder regionalen Zentre fir e reibungslosen Oflaf vun dësen Transaktioune suergen. Véiertens kënnen d'Präisser beim Wunnengsbau no ënne gedréckt ginn, wat dann och nees eng positiv Inzidenz op de Statsbudget hätt.

Zum Schluss wéilt ech dem Här Minister nach e puer Froen iwwert den zukünftege Fonctionnement vum Fonds du logement stellen:

Wat ass den Optrag an d'Visioun vum Fonctionnement an der Produktivitéit, déi de Minister der Direktioun vum Fong mat op de Wee gëtt? Kann de Minister eis hei Zuele ginn, wat hie sech mëttelfristeg virstellt, wat d'Produktivitéit pro Joer souwuel am subventionéierte Beräich wéi och am soziale Mietwunnengsbau soll sinn a wat de Ratio tëscht deem engen an deem anere Beräich soll sinn?

Eng lescht Fro: Gëtt eng Prozedur erstallt, wat d'Emsetzung an d'Zäitschinn vun deene jeeweilege Projeten ugeet, vun der Planifikatioun bis zur Fäerdegstellung?

Genau aus dëse Grënn, déi ech lech elo just opgezielt hunn, wäert d'CSV-Fraktioun der Reform vum Fonds du logement net zoustëmmen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Lies. Nächste Riedner ass den Här Claude Lamberty fir d'DP.

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass luewenswäert, dass dës Regierung de Logement eescht hëlt an och schonn eng ganz Rei u Mesuren agefouert huet, fir de Leit ze hëllefen, hire Loyer ze bezuelen oder sech e Prêt kënnen opzehuelen oder och sech kënnen en Eegenheem ze leeschten. Ech denken hei och un d'Subventioun de loyer, déi schonn e Joer a Kraaft ass, an un d'Steiermesuren, wou besonnesch déi Jonk elo méi vun hirem Prêt logement vun hiren Zënslaaschten ofhale kënnen.

De Baulückeprogramm zesumme mat der Mesure vum Quart de taux hëlleft, dass méi Terrain mobiliséiert gëtt. D'Agence immobilière sociale - oder AIS genannt - ass méi an de Fokus gesat ginn, andeems hir Moyenen an de leschte Joren eropgesat goufen, fir besonnesch an der Locatioun nach méi aktiv kënnen ze ginn.

Klimabank, Baulandverträg, Projete vun Norde bis Süden am Land: Am Logement goufen et eng ganz Rei un Dossieren, déi un d'Lafe bruecht gi sinn. Ee vun dësen Dossiere sinn déi staatlech Wunnengsbaugesellschaften. Bei der SNHBM hu mer gesinn, dass et méiglech ass, däitlech méi ze produzéiere wéi virdrun, wann ee gutt opgestallt ass an déi néideg Strukturen a Moyenen zur Verfügung gestallt kritt.

Elo gëllt et, den zweeten ëffentlechen Akteur, de Fonds du logement, och esou ze reformëieren, dass am Endeffekt méi Wunnenge fir d'Leit dobausse realiséiert kënne ginn, well dorëms geet et!

D'Reorganisatioun vum Fonds du logement, wéi se haut hei virläit, ass eng Reform, déi op stabille Féiss steet. Éischtens baséiert se op enger fundéierter Analys vu verschiddenen Akteuren, engem externen Audit, an der Cour des comptes. An et ass erfreelech ze gesinn, wéi d'Observatiounen an d'Recommandatioune vun dësen Instanzen an de Gesetzesprojet agefloss sinn. Dat weist, dass hei am Sënn vum Land geschafft gëtt.

Zweetens geet et eis drëm, eng besteeënd Struktur mat hirem Know-how bäizebehalen a se dann och esou ze konsolidéieren, andeems e puer duerchduecht Upassunge virgeholl ginn, fir dass se duerno nach méi staark an erfollegräich kann agéieren.

Ech mengen, dat mécht Sënn, méi Sënn wéi elo mordicus alles ofzeschafen, wat et gëtt, an dann eng ganz nei Struktur aus dem Buedem ze stampfen.

Här President, et ass hei vusäite vun der Oppositioun gemengt ginn, dass si dëse Projet net kënne matstëmmen, well si fir eng Fusioun tëscht SNHBM a Fonds du logement sinn, déi dann an enger eenzeger Société anonyme sollen opgoen, sou wéi de Projet effektiv an der viregter Legislaturperiod vum deemolege Logementsminister deposéiert gi war.

Ech begréissen et duerchaus, dass d'CSV de Constat matdréit, dass de Fong an der Vergaangenheet net esou effikass geschafft huet, wéi en dat hätt kënnen oder och vläicht missen. Par contre fannen ech et awer e bësse speziell, dass haut nach ëmmer un enger Struktur festgehale gëtt oder probéiert gëtt, se erëm zum Liewen ze erwächen, déi 2013 duerch en awer schonn desastréisen Avis vum Statsrot quasi begruewe gi war.

De Statsrot huet deemools a sengem Avis vun engem, an ech zitéieren „flou le plus absolu", wat de Projet ugeet, geschwat. De Statsrot huet och ganz grouss Zweifel dru gehat, dass esou eng nei Struktur Problemer am Logement léise géif. Am Géigendeel kéim et héchstens zu enger nach méi grousser „lourdeur administrative", mat anere Wierder, zu engem Waasserkapp, deen éischter nei Problemer schaaft, wéi aler ze léisen.

Déi vun der CSV proposéiert SNDU ass also vum Statsrot als näischt aneres wéi en „window dressing" definéiert ginn, dat heescht, d'Vitrinn no baussen ass zwar wuel méi schéi ginn an opgemotzt ginn, mä hannendru sollt et da monter esou weiderlafe wéi gehabt.

Ech weisen awer och nach eemol drop hin, dass de Statsrot selwer déi deemoleg Regierung opgefuerdert huet, als Éischt emol eng fundamental Analys vum Fong ze maachen, an dann eréischt Konklusiounen ze zéien. Am Géigendeel zu hire Virgänger huet dës Regierung dat 2014 gemaach a setzt haut zum gudden Deel d'Konklusiounen an d'Recommandatiounen aus dëser Analys ëm.

Ech wëll awer och betounen, datt ech frou sinn, datt d'Regierung de Fong a seng Struktur als Établissement public wëllt bäibehalen an un déi gleeft. Wann ech gesinn, wéi gutt de Fong a senger interner Restrukturéierung virukënnt a wat fir flott Projeten, Wunnengsbauprojeten, de Fong am Moment uechtert d'Land plangt - d'Beispiller vu Wolz oder Diddeleng si virdru genannt ginn -, da sinn ech iwwerzeegt, dass dëst genee déi richteg Decisioun ass.

Ech sinn zouversiichtlech, dass mer an Zukunft vill nei a flott Projete bestaune kënnen, bei deenen en transparenten an effiziente Fong d'Handschrëft gedroen huet, Projeten, déi besonnesch de soziale Wunnengsbau ukuerbele wäerten.

Zum Schluss soen ech dem Rapporteur Max Hahn e grousse Merci fir säi Rapport a ginn heimat den Accord vun der Demokratescher Partei.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. An nächste Riedner ass den Här Fränk Arndt fir d'LSAP.

(Brouhaha)

Här Lamberty,...

M. Frank Arndt *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären,

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- ...Är Riedezäit ass eriwwer.

(Hilarité)

Une voix.- En huet eréischt ugefaangen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Net den Här Arndt! Den Här aus der zweeter Rei.

M. Frank Arndt *(LSAP)*.- Här President, ech wäert mech och kuerzfaassen, well dat meescht ass scho gesot ginn. Also duerfir virun allem awer emol dem Max Hahn als Rapporteur e grousse Merci fir dee mëndlechen a schréftleche Rapport.

Ech mengen, wann een iwwert d'Objektiver an d'Zil vun der Reform schwätzt, ass et kloer elo ginn, et ass definéiert ginn, fir näämlech d'Effizienz an d'Produktivitéit ze steigeren, wat ëmmer ee sech dorënner ka virstellen. Mä mir als LSAP sinn op jidde Fall och frou, datt den Établissement public als solche bestoe bleift.

Ech denken och, datt de Verwaltungsrot mat sengen 13 Leit - et ass schonn hei ugeklongen - an och engem Vertrieder vum Syvicol eis Zoustëmmung fënnt, well och do déi Kommunikatioun tëschent de Gemengen an dem Verwaltungsrot kann direkt lafen. Och d'Direktioun - wat elo a Fro gestallt gëtt -, mä ech gesinn déi Direktioun als en Team, soudatt ech denken, och do kënnen een deen anere sech „befruchten" an deem Sënn an hëllefen...

(Hilarité)

Bon, wa virdrun den Här Lies eppes aneres gesot huet, hunn ech alt gemengt, ech kéint dat heite Wuert och da gebrauchen, well et awer do erapasst. Duerfir, ech gesinn et als en Team, wéi déi Direktiounsmemberen do wäerte fonctionnéieren. A si solle jo déi lafend Geschäfter kontrolléieren a begleeden, déi de Verwaltungsrot dann och ëmsetzt.

Bon, ech mengen, ech hunn dann d'Chance, fir e ganz grousse Projet mat ze begleede vun Ufank un, jo, mam Minister Schank, deen ugefaangen huet, un d'Frichen ze gleewen, mä deen awer elo definitiv ëmgesat ginn ass duerch den Impuls vum Marc Hansen mat dem Fong hannendrun. An ech hu wierklech d'Chance, dat vun Ufank u mat ze begleeden, an ech wäert och herno nach eng Kéier méi dorop ze schwätze kommen. Wat eis och als LSAP wichteg ass, ass u sech, datt déi néideg finanziell Mëttelen zur Verfügung gestallt gi sinn, sou wéi mer dat och an eisem Programm gefuerdert hunn.

An ech denken och, datt et eis wichteg ass, datt d'Gemengevertrieder - et sëtzen der jo vill heibannen - sech hirer Verantwortung musse bewosst ginn, datt et net eleng eng Aufgab ass vum Stat, mä datt et un eise Gemenge läit, fir do Verantwortung ze iwwerhuele mat Partner. An där ginn et méi wéi just de Fong. Do ginn et der nach vill méi wéi de Fong, mä jiddweree muss kucken a soll kucken a senger Gemeng, wou e sech am beschten erëmfënnt. A fir eis Gemeng war et nun emol de Fong, well mer mat hinnen dat esou konnte plangen, wéi mer dat wollten. Mä dat ass natierlech eng Virgab gewiescht, déi mer haten, well mer och dru gegleeft hunn, fir esou e grousse Projet mam Fong ze maachen, wou jo jiddweree gemengt huet, datt dat net méiglech wär, dat ze maachen.

Wat mer alleguer jo och feststellen: datt et e Problem ass, fir datt jonk Leit nach en Eegenheem sech kënne leeschten! Do leie mer jo a Präisser, soen ech emol, bis 400.000 Euro, 450.000 Euro fënnt ee jo kee Promoteur méi, deen eppes kann opriichten, wann ee verschidde Saache sech undenkt. Doriwwer eraus, sécherlech, ginn et vill Méiglechkeete fir de Privaten, fir eppes ze bauen. An déi Diskrepanz, déi do ass, do ass et eben, fir déi Hëllefen elo hei eriwwerzebréngen. An ech sinn och der Iwwerzeegung do, datt de Stat an d'Gemenge vill do kënnen hëllefen, well déi Waardeléschte vum sozialen a subventionéierte Wunnengsbau, déi si jo oft esou laang, datt d'Leit an der Zwëschenzäit entweder an d'Locatioun gedriwwe gi respektiv an d'Ausland siche ginn, bis se da vläicht eppes hei fannen.

A wa mer de Leit d'Méiglechkeet huelen, fir hir Kafkraaft ze behalen, oder se an d'Aarmut ofdrifte looossen doduerch, datt déi Loyeren oder den Hausbau ze vill vun hiren Akommessen ewechhuelen, mengen ech, datt de Mietzuschuss, deen agefouert ginn ass a wou mer och der Meenung sinn, datt en nach vläicht e puer Stellschrauwe brauch, bis dann och jiddwereen vun deem am Sënn vum vollen Ëmfang ka profitéieren, awer dee richtege Wee ass, deen do ageschloe ginn ass.

Jo, d'Ugebuet an d'Nofro ginn nach ëmmer weider auserneen, well eben nach d'Präisser vun der Locatioun a vum Logement weider an d'Luucht ginn. Ech mengen och, datt mer kënnen als LSAP et droen, fir ze soen, déi ëffentlech Baulandreserven, déi mer solle schafen, datt et och wichteg ass, datt mer do net fäerten, eis PAGen ze erweideren. Si mussen an ëffentlecher Hand natierlech bleiwen. Et duerf och kee Raubbau un der Natur gemaach ginn. Mä wa mer et fäerdegbréngen, dat sënnvoll ëmzesetze mat dem Baulückeprogramm, deen an d'Liewe geruff ginn ass, da wäerte mer et och fäerdegbréngen, fir do nach Léisungen ze fannen.

Jo, dat setzt sech net vun engem Dag op deen aneren ëm. Här Lies, Dir wësst et selwer. Viru Jore war et Chefsaach, an et ass net esou einfach ëmzesetzen, well soss hätte mer d'Léisunge wahrscheinlech alleguerte schonn éischter fonnt.

Une voix.- Wien huet dann eppes aneres behaapt?

M. Frank Arndt *(LSAP)*.- Do si mer eis alle 60 heibannen eens. Jiddwereen hat do esou gudde Wëllen, mä et ass eben net esou einfach, fir dann einfach den Hiewel ëmzeleeën an dat dann och ëmzesetzen.

Och den Erbpachtvertrag ass hei ugeklongen. Och dat ass eng sënnvoll Moossnam, fir eben och ze soen, d'Spekulatioune kënne mer ewechhuelen dovun, wann den Terrain no 99 Joer am Besëtz vun der ëffentlecher Hand herno erëm bleift, fir datt doriwwer och net eraus ka spekuléiert ginn.

An ech wëll dann eng Kéier kuerz op dat zréckkommen, wat hei ugeklongen ass: „Mam Fong eppes zesummen ze maachen, dat ass schwéier. Et weess een net, wou een erauskënnt." Dat gëtt oft dobaussen esou duergestallt. Ech kann lech just soen, mir hunn et zu Wooltz ugepaakt mat hire Leit zesummen. Mir hunn et fäerdegbruecht - an ech denken, den Här Minister wäert herno nach drop agoen -, mat sämtlechen Administratiounen, Ministèren eis zesummenzesetzen an op ganz kuerz Zäit, op ee Joer, d'Modification ponctuelle du PAG ze maache mam Masterplang parallell. Elo si mer an der Prozedur, fir dräi PAPen ze lancéieren. An ech si gudder Déng - bon, Datume soll een ni lancéieren als Politiker -, mä ech sinn awer gudder Déng, datt mer 2018/2019 de Bagger wäerte lafen hunn an deem Sënn, wéi mer eis et virgestallt hunn a mat deene Wunnengen, déi mer eis op deem Site kënne virstellen.

An do si vill grouss Projeten an der Pipeline an duerfir ginn och Sue gebraucht. Duerfir wëll ech dat och nach eng Kéier ophuelen an der Regierung mat op de Wee ginn: Eis Pensiounskeese sinn esou gutt gefëllt! Firwat net déi Sue mathuelen, fir mat an dat ze investéieren, wat eis esou bluttnéideg ass, fir eben ze bauen, fir dann och do eng geséchert Renditt zréckzebréngen an d'Pensiounskeesen? Awer et si Weeër, an ech denken, et sinn och Iwwerleeungen, déi an der Regierung scho lafen, mä ech wëll et hei nach eng Kéier widderhuelen. Ech fannen et e wichtege Message, deen d'LSAP lech do wëllt mat op de Wee ginn.

Bon, ech mengen, ech géif elo nach villes widderhuelen, wann ech dat alles géif nach eng Kéier hei soen, wat ech op mengem Ziedel stoen hunn. Mä mat der Hoffnung, datt mir d'Logementsproblematik an deenen nächste Joren an de Gréff kréien a mat dësem Gesetz een Deel vum Zuch zesummegesat hunn, deen elo op de Schinne steet a leeft, wou just nach déi richteg Vitesse de croisière erauszefannen ass, sinn ech iwwerzeegt dovun, datt mer um richtege Wee sinn. An duerfir ginn ech och hei d'Zoustëmmung vun der LSAP fir dëst Gesetz.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Arndt. An den nächste Riedner ass den Här Roberto Traversini.

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- „Grazie Presidente."

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Mir sinn hei net an der „Camera".

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- Dir Dammen, Dir Hären, Merci, Här Rapporteur Max Hahn. Am Regierungsprogramm steet, datt dës Regierung d'Schafung vu sozialem a bezuelbarem Wunnraum wëllt dynamiséieren. Fir dat ze maachen, géifen déi zwee parastaatlech Akteuren, de Fonds du logement an d'Société nationale des habitations à bon marché, engem Audit ënnerzu ginn. Zil dovunner soll et sinn, hir aktiv Roll ze stäerken, fir méi Wunnenge wéi bis elo ze schafen an d'Gestioun vun

de Wunnengen an de Suivi vun hire Bewunner ze verbesseren.

Dëse Projet de loi ass d'Resultat vum Audit vum Fonds du logement. E geet an déi Richtung, fir den Akteur fit ze maache fir déi enorm Erausfuerderungen am Beräich bezuelbare Wunnraum, mat deene mir haut konfrontéiert sinn. Dat ass net nei an duerfir gëtt et héich Zäit, datt eppes geschitt. Esou gëllt et, de Réckstand am Beräich Sozialwunnengen opzehuelen, deen an de leschte Jorzéngten entstanen ass.

Ech wëll just drun erënneren, dass et zu Lëtzebuerg vill ze wéineg Sozialwunnenge gëtt an dass mir wäit hanner eisen Nopeschlänner leien. Et besteet en deemno enormen Nohuelbedarf, e risegen Nohuelbedarf. Dëse Réckstand ass awer net op een Akteur eleng zréckzeféieren, mä huet eng ganz Rei vun Ursaachen.

E kuerze Réckbléck: Ufanks de 70er Joren ass duerch d'Budgetsgesetz e Spezialfong „Fonds pour le logement social" ageriicht gi mam Zil, erschwéngleche Wunnengsbau ze schafen. De Fonds du logement ass duerch d'Gesetz vun 1979 iwwert d'Aide au logement erméiglecht ginn an huet als Établissement public eng staatlech Aufgab iwwerholl: d'Uschafe vu Bauland an d'Schafe vun erschwéngleche Wunnengen souwéi d'Gestioun vu sengem Parc locatif.

Aus sengem rezente 37. Bilan geet ervir, dass de Fonds du logement säit senger Grënnung 1979 am Ganzen 1.495 Wunnengen zum Verkaf ugebueden huet, 40 dovunner eleng am Joer 2015. Dat sinn der esou vill wéi an der Moyenne an deene 37 Joer vum Bestoen.

An 39 Gemenge bitt de Fong am Ganzen 1.830 Loyerswunnengen zu soziale Kritären un. Lauschtert gutt no, haaptsächlech déi Leit, wou eng Gemeng un der Spëtzt hunn: (veuillez lire: déi un der Spëtzt vun enger Gemeng stinn:) zwee Drëttel dovunner sinn an der Stad Lëtzebuerg, zu Déifferdeng - dat gëtt net gär genannt, et ass awer esou -, zu Esch an zu Diddeleng. Zwee Drëttel dovunner! Ech kommen herno awer erëm drop zréck, well déi Gemengen, déi véier Gemengen, hëllefen dem Wunnengsbau och nach an enger anerer Societéit.

Enn Dezember 2015 gouf et beim Fong eng Waardelëscht vun 1.917 Demandë fir eng Wunneng, déi net konnten erfëllt ginn. Et ass awer esou, dass déi Leit oft op méi Plazen eng Demande fir eng Wunneng stellen, soudass eng genau Zuel schwéier ze definéieren ass. An duerfir fuerdere vill vun den ONGen, datt an deem Beräich en Zentralregëster sollt geschafe ginn, dat wier vläicht gutt. Ech weess, datt dat mat Schwieregkeeten ze dinn huet, mä et wier awer vläicht derwäert, nach eng Kéier ze probéieren.

Mat dëser Reform gëtt de Fonds du logement als Établissement public gestäerkt a mat méi staatleche Garantië bis zu 120 Milliounen Euro versinn. Et ass deemno nëmme logesch, datt de Stat seng Kontroll iwwert dësen Établissement public iwwerschafft huet a strukturell Änerunge bei den Organer vum Fong virhëlt. Den zoustännege Ministère kritt méi Verantwortung fir dat, wat am Fong geschitt. An dat ass och gutt esou.

Dir Dammen, Dir Hären, Här President, bei den Avisen zum Projet de loi ass et e puermol gesot ginn, an et ass kee Geheimnis, datt dëse Projet de loi iwwert d'Reform vum Fonds du logement eleng de Problem am Beräich bezuelbare Wunnraum zu Lëtzebuerg net wäert léisen. Mä et ass e Puzzlesteck vun engem Bild, dat lues a lues seng Konturen unhëlt. Jo, et huet een och no Jore vu Stëllstand endlech erëm d'Gefill, datt sech eppes deet um politesche Parkett vun der Wunnengspolitik.

Dem Minister Marc Hansen seng Projeten an Demarchë bréngen en Opschwong bei den Akteuren an deem Beräich. An et deet gutt ze gesinn, dass elo mat alle betreffenden Akteure geschwat gëtt an och politesch gehandelt gëtt. Dat ass kierzlech geschitt mat den Akteuren am soziale Beräich an dat geschitt ganz intensiv mat de Gemenge fir de Pacte Logement 2.0, wou net nëmmen d'Schwaachstelle vum éischte Pacte Logement analyséiert ginn, mä och Léisungsweeër fir den zweete Pacte Logement diskutéiert a konkretiséiert ginn.

Mä och mat de private Promoteure gëtt geschwat, fir si mat an d'Boot ze huelen, well si sinn a bleiwen e wichtege Pilier vum Wunnengsbau. Dës Regierung ass deemno amgaangen, de Problem vum Manktum u bezuelbarem Wunnraum unzepaken. An dat spiert een an et gesäit een och um Terrain.

Fir ze weisen, datt dëse Projet de loi dobäi nëmmen ee Puzzlesteck ass, wëll ech och aner Initiativen opzielen:

Och d'Société nationale des habitations à bon marché wäert an Zukunft verstäerkt, wéi et scho gesot ginn ass, um Wunnengsmaart aktiv ginn. Si sinn amgaangen, d'Kapitalerhéijung an d'Personalerhéijung ze maachen. Vun elo 80 Wunnengen am Joer sollen der 250 d'Joer realiséiert ginn. Mä och do, bei der Kapitalerhéijung, maachen och do erëm véier Gemenge mat: d'Stad Lëtzebuerg, d'Stad Esch, d'Stad Diddeleng an d'Stad Déifferdeng. Do spillt och d'Solidaritéit, déi een hei soll ervirsträichen, well just d'Stad Déifferdeng kascht déi Kapitalerhéijung 250.000 Euro, déi se mat an en Dëppe geheit, wou se am Fong geholl net direkt eppes erauskritt, ausser enger Solidaritéit, fir méi Wunnengen ze bauen.

Gréisser Projeten, fir Wunnraum ze schafen, gëtt et mëttlerweil op ville Plazen am Land: um Kierchbierg, zu Ollem, an der Gemeng Kielen, op de Frichen zu Wolz, um Site Laminoir zu Diddeleng, zu Nidderkuer, zu Déifferdeng, fir déi net ze nennen. Esou entsti bis 2018 ronn 2.100 Wunnengen, 4.900 weider Wunnenge si geplangt. Bei all deene Projeten ass e gewëssenen Deel fir subventionéierte Wunnengsraum virgesinn; Mobiliséierung vu Wunnraum iwwert d'Agence immobilière sociale mat der Grënnung vu regionalen AISen iwwert d'Land entweder an Eegeregie, wéi d'AIS Kordall, déi bannent annerhallwem Joer iwwer 60 Wunnengen op de Maart kritt huet, de Kanton Réiden huet och seng Konventioun ënnerschriwwen, an natierlech eis national AIS.

E Schub ass natierlech och komm duerch d'Steierreform. Ech mengen, dat ass net genuch ënnerstrach ginn. Et sinn zënter Januar, an ech kann lech et soen, ganz vill Leit, déi op d'AISen duerkommen, fir hinne Wunnengen zur Verfügung ze stellen, an net nëmme Wunnengen, déi eidel stoungen, mä och ganz nei Wunnengen. Dat ass doduerjer komm, duerch d'Steierreform, datt wierklech 50% vum Loyer kann ofgehale ginn. Dat soll och gesot ginn, an dat ass och extrem wichteg, datt dat wierklech esou gräift!

Aner Akteure wéi zum Beispill d'Gemengen zéien no, iwwerhuelen endlech méi aktiv eng Roll am Bauland. Soss ass ëmmer gesot ginn: „Kommt, kaaft net ze vill!" Et ass wierklech net eng grouss Ënnerstëtzung komm vum Ministère. Dat huet awer haut geännert. Sou ass gesot ginn: „Iwwerloosst dat de Promoteuren!" Haut muss ech awer soen, datt gefuerdert - et ass vläicht dat falscht Wuert -, datt awer gesot gëtt: „Hei wann ech gelift, kaaft, wann Der d'Méiglechkeet hutt, Bauland, loosst lech dat net entgoen!"

Ëmmer méi Gemenge kafe selwer Terrainen innerhalb an ausserhalb vum Bauperimeter op, fir e Präis, deen opgrond vun objektive Kritären am Gemengerot festgeluecht ginn ass. D'Gemeng erschléisst selwer déi Terrainen a verkeeft d'Bauplazen zum Selbstkostepräis. Si kann esou eegen Iddie bei der Erschléissung verwierklechen a virun allem ass dat dee beschte Wee, fir der Präisspekulatioun entgéintzewierken a fir esou en erschwénglechen Terrainspräis unzebidden.

En anert Beispill - mäi Kolleeg ass haut net do, den Henri Kox -, d'Gemeng Réimech geet nei Weeër an iwwerhëlt eng aktiv Roll bei der Erschléissung vun engem gréisseren Areal mat ville Proprietairen, woubäi ganz vill Parzellen an der Indivisioun sinn. D'Gemeng huet duerfir eng Gesellschaftsform proposéiert, déi sech besonnesch am Energieberäich am Ausland scho bewäert huet an och hei zu Lëtzebuerg lues a lues erëm Fouss faasst, näämlech d'Gesellschaftsform vun de Kooperativen.

Niewent dem Remembrement urbain kéint dës Form eng interessant Méiglechkeet ginn, fir vill Proprietairen ze regruppéieren an zesummen an der Gemeng Terrainen ze erschléissen an nei Wunnengen ze schafen.

Dat gesot, mengen ech, datt mir um richtege Wee sinn, fir dem subventionéierte Wunnengsmaart de Schwong ze ginn, deen ee brauch, fir d'Problemer vläicht net all an och net direkt ze léisen, mä fir se wesentlech méi kleng ze maachen. Duerfir ginn ech natierlech och d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an och dem Paul (veuillez lire: Paul Ruppert) soen ech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. An nächste Riedner ass den Här Roy Reding.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Jo, Merci, Här President. Ech wäert extrem kuerz sinn. Ech mengen, d'Virriedner hunn et scho gesot: Dëse Projet de loi änert näischt fundamental un der Wunnengssituatioun. Et geet ëm administrativ Änerungen am Fonctionnement vum Fonds du logement, zu deene mir keng fundamental Oppositioun unzebréngen hunn. «...créer d'avantage de logements à prix abordables.», wéi et am Resumé steet, ass selbstverständlech en Zil, wat mer mat zwou Hänn mat ënnerschreiwen. Mä nach eng Kéier, dat gëtt net duerch dëst Gesetz erfëllt, mä duerch konkret Aktioune vum Fonds du logement.

Et ass ugeschwat gi vum Kolleeg vun der LSAP: d'Waardelëschten op Sozialwunnechten. Dat ass effektiv en Thema, wat mech interesséiert. An do wär ech frou ze wëssen, ob de Minister eis do ka méi Genaues soen: Wéi vill Leit sinn op esou Waardelëschten? Wéi laang si se an der Moyenne op esou Waardelëschten? Geet et do chronologesch der Rei no? Ech mengen, ech ka mer virstellen, datt emol een iwwersponge gëtt, wann en eng grouss Wunnecht brauch an et ass awer nëmmen eng kleng disponibel. Oder gëtt et och aner Ursaachen, firwat datt emol eng Kéier deen een Demandeur par rapport zu deem anere prioriséiert gëtt?

An dann ee Wuert just, eppes, wat mech immens erschreckt huet, war déi Iddi vum Frank Arndt - an ech hu gemengt ze gesinn, de Minister hätt do zoustëmmend genéckt -, déi Iddi, fir un d'Rentekeesen ze goen, fir Wunnengsbau ze finanzéieren. Ech mengen, d'Rentekeese sinn do, fir d'Renten ze sécheren. Renteklau hu mer leider Gottes schonn an der Vergaangenheet erlieft an dat wäert selbstverständlech op déi gréissten Ofleenung vun eiser Partei stoussen!

Fir de Rescht bréngen ech den Accord vun der ADR mat dësem Gesetzesprojet.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Leschte Riedner ass den Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Ech soen et elo schonn emol direkt - bon, déi an der Logementskommissioun sinn, wëssen dat -, mir wäerten dëse Projet de loi matstëmmen - ouni iwwerdriwwenen Enthusiasmus, muss ech zouginn. Ech kommen nach dorobber zréck.

Mir menge grosso modo, datt dee Projet de loi an datt déi Änerungen net zu Verschlechterunge misste féieren. Mä anerersäits si mer eis nach weiderhi bewosst, datt a Wierklechkeet déi heite Regierung genausou wéi déi aner Regierung virdru kee richtegen „kopernikanesche Wandel", fir op „Gambistesch" ze schwätzen, an der Logementspolitik wäert duerchféieren. Wann een e puer Zuele gesäit: Vun 1979 u bis 2013 huet de Fonds 1.429 Wunnenge verkaaft, déi e gebaut huet oder sanéiert huet. Dat waren der ongeféier da 40 pro Joer, wat e reelle Witz ass a Wierklechkeet!

Et ass geschwat gi vun engem normale Wunnengsmarché, op deen d'Leit missten erëm zréckkommen. Zu Lëtzebuerg gëtt et scho jorelaang keen normale Wunnengsmarché méi! Den aktuelle Wunnengsmarché, de fräie Marché, deen ass delirant, deen ass net normal. Do gouf ni eppes dergéint gemaach. A fir e relativ normale Marché ze fannen, mussen immens vill Lëtzebuerger, Dausende vun Awunner hei sech u sech exportéieren. Dat ass praktesch, well de Problem gëtt exportéiert. Mir schafe Frontalieren, ëmgedréit Frontalieren, déi dann op engem e bësse méi normale Wunnengsmarché landen, wat natierlech och net ideal ass fir d'Bevëlkerung op dëser Plaz, well dann och do d'Präisspiral eropgeet.

A mir gleewen net dorunner, datt déi heite Regierung dat wäert änneren. Et gëtt vill dovunner geschwat, datt d'Regierung eng Politik vun de Muerte mécht an net déi vum Bengel. Ech weess net, wéini de Bengel erausgeholl gëtt. Et misst awer esou lues un der Zäit sinn. An et geet jo en plus net ëm Muerten. Ech hunn den Androck, datt mer hei voller Gäertner sinn, hei an dëser Chamber. Mä an deene leschte Jorzéngte si keng Muerte verdeelt ginn un de Promoteur oder un de grousse Besëtzer. Et ass Foie gras verdeelt ginn, et ass Kaviar verdeelt ginn, et ass Champes verdeelt ginn! Ech weess net, iergendeng Kéier kréien déi eng Intoxikatioun, an dat wäert sech elo och net weider verbesseren. Ech hoffen och, datt d'Gesondheetsministesch sech ëm déi wäert bekëmmeren.

Bon, elo erëm e bësse méi seriö!

(Interruption)

Mir sinn der Meenung, datt schlussendlech dee Projet de loi, bon, wann et ëm d'Kredittlinn geet, déi erhéicht gëtt, datt dat bei Wäitem net duer geet an eisen Aen. Mä mir gesinn do keng Ursaach, fir eis dergéint ze opposéieren.

Déi aner Fro, déi e bësse méi quokeleg ass, dat ass och déi vun der Autonomie vum Fonds du logement. Ech mengen, datt d'Kriticken och vun der CSV nozevollzéie sinn. Si sinn novollzéibar. Anerersäits ass déi Reform jo och an engem gewëssene Sënn tributaire och vum Logementsminister selwer a vun der Politik, déi d'Regierung selwer bedreift. Also mir hunn eis schwéiergedoen, mir hu vill intern an eiser Fraktioun och doriwwer geschwat, wéi mer eis dozou solle verhalen. Mir versichen emol, de bonne foi ze sinn, vu datt dat, wat virdru war, souwisou net richteg funktionéiert huet. Dat huet net onbedéngt mam Fonds du logement selwer ze dinn, muss een och soen. Et ass och eng Fro vu Volonté politique um Niveau vun der Regierung.

Mir ginn dovunner aus, datt u sech déi Saach vu manner oder méi Autonomie vun deem Établissement public duebelschneideg ka sinn an natierlech, wéi ech virdru gesot hunn, tributaire ass vun der Logementspolitik selwer vun der Regierung. Et kéint an engem gewëssene Sënn positiv sinn. Hätte mir zum Beispill de Logementsministère, da wier et positiv, oder vläicht souguer den Här Arndt, da wier et vläicht och positiv. Well ech hu gesinn, datt d'LSAP - mir freeën eis och doriwwer - och eng Fuerderung vun eis iwwerholl huet elo, fir och Sue vum Pensiounsfong... An ech ginn dovunner aus, datt mir de Copyright hunn. Do mussen d'Historiker sech...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Neen.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- ...dorëm bekëmmeren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Neen.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Neen? Ass...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Neen!

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Neen?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Neen, et ass schonn an där viregter... Wann ech eng Kéier däerft intervenéieren?

(Assentiment)

(Hilarité et brouhaha)

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Dir hutt d'Wuert, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- De President, steet am Reglement, soll d'Diskussioun rezentréieren. An an deem heite Fall wéilt ech soen, dass schonn an där viregter Regierung d'Demande un de Pensiounsfong gaangen ass, fir sech méi staark an dem Logement ze engagéieren. An de Pensiounsfong huet déi dote Propos och ugeholl. Et ass nach Loft no uewen. An duerfir deele mer eis déi doten...

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Da kann et sinn, datt Dir lech scho viru Joren un eiser Iddi - urspréngleche Iddi - orientéiert hutt.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ech entschëllege mech.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Also d'Historiker mussen dat klären. Mä et ass egal u sech, haaptsächlech, et ass egal, vu wiem et ass.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Gutt Iddien hunn ëmmer vill Pappen.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Et geet jo ëm déi Sue vum Pensiounsfong. Also mir proposéiere 5%, dann hätte mer 800 Milliounen. Do kéint ee schonn eppes domadder ufänken.

Duerno, also d'Fusionéiere vun de verschiddene Gesellschaften - Fonds du logement, SNHBM an esou weider -: Also mir sinn net onbedéngt der Meenung, datt een déi misst fusionéieren. Mä mir sinn awer der Meenung, datt ee misst an eng Richtung goen, fir eng Wunnengsbaugesellschaft ze grënnen - mir hate schonn d'Geleeënheet, fir dat eng Kéier hei duerzeleeën, et misst een eng Kéier méi an d'Detailer goen -, wou wierklech och d'ëffentlech Hand massiv keeft, baut a selwer och kéint bauen, net nëmmen, mä och selwer kéint bauen. Dat misst sech an engem gréissere Marshallplang u sech abetten.

Dat ass dat, wat misst gemaach ginn, nieft anere Mesuren um Plang vum Logement, fir iwwerhaapt d'Loyere staark anzeschränken, well déi Gesetzgebung misst een och nach änneren an och nach aner Saache wieren ze änneren, fir datt och déi Limitten, wa se bis geännert ginn - mä et gi jo scho Limitten -, fir datt se och kënnen agehale ginn. An do mussen och Kontrollinstanze geschafe ginn.

Dat heescht, dat sinn eng ganz Partie Saachen an där Richtung, wou ee misst goen an eisen Aen. Mir hunn dat schonn oft gesot: Et muss ee géint d'Logik vum Marché goen. Mir gleewen och net un d'Politik vun der Muert.

Mir gleewe schonn och un d'Politik vum Bengel. Eng richteg Taxatioun vu Frichen a vu Wunnenge muss hier. An et soll domadder opgehale ginn, fir permanent iergendeng Excuse ze fannen! Well d'Méiglechkeet besteet jo scho fir d'Gemengen, fir dat ze maachen. Déi eng, déi versichen, dat ze maachen. Datt se e puer Problemer kréie geriichtlecher Natur, kann een novollzéien. Mä trotzdeem! An déi aner, déi versichen, Excusen - wéi an der Stad zum Beispill - ze fannen, fir net dee Wee ze goen. An ech mengen, duerfir misst een awer e bësse méi streng virgoen. Mä dat hu mer schonn oft gesot a mir wäerte méi oft nach zu deem Sujet kommen.

Mir wäerten eis an deem Sënn net géint dëse Projet de loi wieren. Mir kucken emol, wat dat gëtt. Mir hoffen, datt et vläicht eng minimal Besserung brénge kéint. Mä Skepsis kann awer nach walten. An deem Sënn soen ech lech awer nach Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo den Här Wunnengsbauminister, de Marc Hansen.

Prise de position du Gouvernement

M. Marc Hansen, *Ministre du Logement*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn haut frou, dass mer hei kënnen iwwert d'Gesetz vum Fonds du logement schwätzen, well déi Debatt natierlech och erëm ganz séier, dat hu mer gemierkt, iwwert de Logement am Allgemengen amgaangen ass ze dréien.

„Dat ass eng Prioritéit schonn zënter Laangem", dat kann een zwar als Regierung ëmmer soen, mä et ass op där anerer Säit natierlech e Problem fir déi Leit, déi an där doter Situatioun sinn. A fir déi musse mer einfach alles maachen, wat mer an eisen Hänn hunn, wat eis als Méiglechkeete gebuede gëtt. An et ass an dësem Kontext, wou ech dat heiten natierlech och gesinn.

Ech hunn e Regierungsaccord, dee virgesäit, dass en Audit ze maachen ass vun dem Fonds du logement an eng Reform duerno. Dat ass, mengen ech, ganz kloer, dat ass no Prozesser, wou ech do virginn. Et soll een an deem dote Kontext natierlech och ganz logesch a rationell virgoen.

Wann eppes eng Zäitchen um Bockel huet, dann ass et net iwwerflëssig, fir eng Reform ze maachen a fir Saachen a Fro ze stellen. Dat ass dat Eenzegt, wat zielt. An dat ass och an deem heite Kontext geschitt. Dat geschitt net nëmmen - an duerfir gesinn ech dat och just institutionell - an dem Beräich vum Logement, dat geschitt och bei aneren Établissement-publicken oder an anere Geleeënheeten, dass, wann ee Saachen huet, déi eng laang Zäit fonctionnéieren, dass een déi eng Kéier a Fro stellt, fir dat eventuell op en anere Wee ze kréien. Dat ass an dësem Kontext geschitt. Et gouf en Audit mat engem ganze Koup u Recommandatiounen an doropshin ass e Gesetzestext ausgeschafft ginn, fir de Fonds du logement ze reforméieren.

Elo gëtt et natierlech deen een oder aneren, deen déi Reform anescht gemaach hätt, deen deen een oder aneren Detail vläicht op eng aner Saach getässelt hätt. Mä et ass awer, mengen ech, an dat hunn ech jo eraushéieren aus der Ried vum Här Lies, drëm gaangen, fir de Fonds du logement ze reforméieren. Do si mer eis eens. An dat geschitt natierlech och ganz genee haut.

Da kënne mer natierlech iwwer Detailer diskutéieren, wou deen een oder aneren eng aner Vue huet vläicht fir dee Projet, deen elo um Dësch läit. Ech gesinn dat Ganzt awer no vir an an d'Zukunft orientéiert. Ech si kee vun deenen, deen hei grouss Vergaangenheetsbewältegung géif maachen, well do hätte mer ganz vill wahrscheinlech ze schaffen, an dat ass dat, wat ech hei net wëll maachen. Mir mussen an d'Zukunft kucken, dass mer Outilen hunn, déi et fäerdegbréngen, fir soziale Wunnraum ze schafen an haaptsächlech och am Locatif e ganze Koup u Retarden opzehuelen, déi eben historesch ugefall sinn.

Dee Problem, dee mir haut diskutéieren, vun dem Fonds du logement, ass eent vun deene Puzzlestécker, wéi ech et ëmmer soen, vun dem „Logementspuzzle vun dausend Stécker". Ech hu viru Kuerzem den Tour gemaach och, fir mat de Bierger heiriwwer ze schwätzen. An do sinn déi Problemer natierlech och präsent. Dat war e ganz grousse Succès, well vill Leit sech heiriwwer Gedanke maachen, an do hu mer vill Echangë gehat, fir och hei driwwerzekucken.

Wann ech soen, dass ech no vir gedréit sinn, da kucken ech och net op déi al Projeten zréck, déi eng Kéier deposéiert waren, ob dat eng SNDU war oder aner Iwwerleeungen. Dat ware Projeten, den Här Lamberty huet dat hei ernimmt, déi waren deemools deposéiert ginn, déi haten och hir Problemer. Déi si vun deem engen esou gesi ginn, vun deem aneren esou. An do gouf et eng ganz kloer Ausso vun dem Conseil d'État, soudass hei eng ganz aner Reform entstanen ass.

Ech probéieren net méi, op déi allgemeng Linnen anzegoen, dat ass vill thematiséiert ginn. De Fonds du logement gëtt heimadder méi effizient. E gëtt heimadder méi effikass. Et kënnt eng aner Gouvernance mat eran. Et kënnt och ee Problem, dee vläicht net esou vill thematiséiert ginn ass, dat ass deen europäesche Kontext, wou mer op d'Surcompensation oppassen. Dat sinn alles Saachen, déi vläicht hei och technesch sinn, mat deene Koeffizienten. Et ass schonn en ausgeduechtene Gesetzesprojet, wou och gekuckt ginn ass, ob dee kann d'Stroess halen an dem Alldag. Dat ass alles kontrolléiert ginn. An ech mengen, et ass och dee Vott, dee mer haut maachen iwwert déi dote Voleten.

Et ass awer nieft méi ale Projeten, déi de Mëtteg thematiséiert gi sinn, gesot ginn: „Jo, de Support communal, dee muss wichteg sinn, an dee soll dat och bei dem Fonds du logement." Am Logementsministère maache mer ganz vill mat de Gemengen, an Dir wësst et selwer, wou mer proaktiv mat de Gemenge schaffen. Ech gi just eng Kéier op d'Aktualisatioune vun dem Programm vun der Construction d'ensembles an: Déi lescht véier Aktualisatiounen, dat sinn 3.800 Projeten. Wann een et kuckt: 60% dovunner si Gemengen. Dat och, well ech och, wéi e Minister viru mir, eng Kéier den Tour gemaach hunn duerch d'Gemengen, fir mat de Gemengeresponsabelen ze schaffen. Well mer mat dem Syvicol zesummen och un dem Pacte Logement schaffen, ass dat eppes, mengen ech, wat mer och maachen a wat och an deem heite Projet natierlech wäert stattfannen. Wa mer e Vertrieder drasetze vum Syvicol, mengen ech, geet dat och fir de Support, fir de Gemengen deen zur Verfügung ze stellen, soudass dat an déi dote Richtung wäert goen.

Den Här Lies - ech maachen et e bësse chronologesch elo hei, een nom anere vun den Orateuren -, Dir hutt iwwert d'Präisspiral um Marché geschwat. Dir hutt do Trimesterzuelen zitéiert vun deene leschten Trimesteren. Mir gesinn eis, mengen ech, d'nächst Woch nach eng Kéier an der Chamberskommissioun, fir doriwwer ze schwätzen, mä esou wéi Dir d'Präisspiral elo entdeckt, kann ech lech awer soen, dass dat historesch - an ech ginn lech awer och e puer Zuelen - net eppes ass, wat elo op eemol opgetaucht ass tëschent dem Trimester 2015 an dem Trimester 2016!

An de Joren 1998 bis 2007 gouf et eng annuell Augmentatioun vu 6,9% - deeselwechte Problem. Vun 1984 bis 1992: 7,4%. Dann ass dat awer, mengen ech, elo déi falsch Zueleninterpretatioun, wann Dir elo e puer Zuelen hei eraushuelt tëschent dem Trimester '15 a '16, wann dat och schonn iwwer 30 Joer de Fall ass! Ech mengen, dat ass eng Zuelespillerei, wou jiddweree vun eis dat perfekt ka beherrschen an Zuele kann eraushuelen, wou een deem anere weist, wéini déi meescht Augmentatioune waren. Dat léist de Problem net an dat ass net meng Suerg!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Marc Hansen, *Ministre du Logement*.- An deem Kontext wëll ech dann awer och soen, dass Dir an Ärer Interventioun zwou Question-parlementaires hei vun lech selwer zitéiert hutt, wou Problemer solle si mat dem Fong, wou mer iwwer Detailer schwätzen. Dat ass och net meng Suerg. D'Suerg ass, dass mer hei en Akteur kréien, deen effizient ass. An ech wëll awer eng erauspicken, fir lech dat awer och nach eng Kéier ze erklären.

Ech hunn lech et an der Question parlamentaire erkläert - well dat awer elo erëm falsch hei duergestallt ginn ass; Dir schwätzt iwwert d'Soumission cachetée, wéi wann dat eppes Geheimnisvolles wär -, et sinn éischtens vill Gemengen, déi dat maachen, dat gëtt op ville Plaze gemaach. Dir gesitt regelméisseg an den Zeitungen, dass dat dorëmmer och passéiert. An ech erklären lech et awer och nach eng Kéier:

Fréier si Steeë gemaach ginn. Wat ass eng Stee? Eng Stee ass, dass dee Meeschtbiddenden de Projet kritt. Sou si Wunnenge verkaaft ginn, eng Soumission cachetée. A wann Der d'Konditiounen, ech hunn lech et an der Question parlementaire och nach eng Kéier erkläert, wann Der se gelies hätt, an duerfir soen ech se elo nach eng Kéier, dann hätt Der gesinn, dass dat eben net „au plus offrant" geet!

Et ass eng nei Aart a Weis, fir d'Saach unzegoen, wou d'Extremitéiten erausgeholl ginn a wou dann deejéinegen, deen am nooste bei der Moyenne vun den Offeren ass, dee kritt et. Dat ass net den „plus offrant"! Et steet souguer dran, wann et en ex æquo gëtt zwëschen zwee Leit mat enger Offer, da kritt dee mat deem ënneschte Revenu et. An et steet souguer dran, wann zwou Offeren dra sinn, da kritt deejéinegen et, deen déi déifsten Offer gemaach huet.

Also da ka jo awer keen heihinnerkommen a soen, dass dat e System wär, deen een net eng Kéier kéint probéieren! Par rapport zu Steeën, pardon, ass dat doten eng besser Approche! An dat ass net, fir hei ze maachen, wéi wann dat eppes Geheimnisvolles wär. Soumission cachetée ass e Procedere, deen esou fonctionnéiert an deen op där heiter Plaz natierlech och erausgeholl ass. Dat doten ass och... E puer Detailer natierlech eraushuelen, mir kënnen dat och maachen. Ech beäntwerten lech gär déi Question-parlementairen. Heiansdo, well d'Zesummestellen e bësse méi laang dauert, ass et en Dag méi spéit oder en Dag manner. Mä dat do si kleng Sujeten, wou et awer net drëm geet, fir Dausende Wunnengen hei am Land ze schafen. An dat ass dat, wou mer solle bei dëser Reform natierlech driwwer schwätzen.

Dir hutt, wann ech e bësse virukucken, och gesot, wat dann d'Zil sollt sinn, oder Dir d'Fonctionnement wëllen huelen. Ech respektéieren natierlech och do de Prozess. Dat soen ech lech awer och ganz kloer. Mir stëmmen haut d'Gesetz. Dann trëtt dat eng Kéier a Kraaft an dann hu mer natierlech och dorannerstoen, dass deen neie Conseil d'administration och strategesch soll mat dem Minister dee Moment an d'Diskussioun goen, fir de Pluriannuel festzeleeën. A fir déi Leit och seriö ze huelen an och deenen neie Memberen do eng Chance ze ginn, notamment dem Vertrieder vun dem Syvicol, wäert ech dat dann och respektéieren, an ech wëll net nëmmen, an ech soen dat och, dass mer d'Diskussioun féieren iwwer Zuelen a Ratioen!

Kommt, mir schwätzen och eng Kéier an der Debatt - an dat hunn ech dobaussen och festgestallt mat de Leit a wann ech mat de sozialen Akteure schwätzen -, kommt mir schwätzen och nieft der Quantitéit emol iwwer Qualitéit, net nëmmen iwwer Honnerte Wunnengen! Dat kënne mer alleguerten a mir fannen alleguerten immens Zuelen dofir**.** Kommt, mir schwätzen och iwwert d'Qualitéit!

Wéi soll soziale Wunnengsbau fonctionnéieren? Mir hunn Architekteconcourse lancéiert fir d'Baulücken, déi de Stat huet, ze besetzen, wou mer iwwer Qualitéit schwätzen, wou mer iwwer soziale Wunnengsraum vun der Zukunft schwätzen. An dat solle mer och maachen an dat wäert ech och mat deem neie Conseil d'administration maachen, wann deen da bis am Amt ass!

An da kënnt, mengen ech, dat, wat mir am wichtegsten ass, well mer wierklech sollen ophalen, op deem engen oder anere klenge Punkt Detailaarbecht ze maachen. Ech sinn näämlech am Moment ganz zefridden, wat geschitt bei dem Fonds du logement. Do sinn nei Leit bäikomm. Do sinn Equippen, déi ganz vill ze schaffen hunn. Déi schaffen un der Restrukturatioun. Déi schaffen drun, fir dat heite Gesetz ze preparéieren. Mir ginn op eng analytesch Konta mat neie Kritären, dat ass ganz vill Aarbecht. An donieft bréngen déi et fäerdeg, an dat wëll ech awer och ernimmen, fir zum Beispill e Masterplang fir „Wunne mat der Wooltz" hinzekréien. Dat ass bannent néng Méint geschitt ënnert dem Bauträger Fonds du logement! Dat ass eppes, wat immens Efforte kascht huet! Do hunn net nëmmen d'Leit aus dem Fonds du logement geschafft, mä dorunner schaffen och 70 Beamten aus, mengen ech, 20 Ministèren an Administratiounen. An dat ass eppes, wou immens Efforten dra gemaach gi sinn, fir dat och hinzekréien, fir duerno Wunnengen ze schafen, wou ee muss soen, dass dat alles Efforte sinn, déi am Alldag geschéien.

Duerfir och eng Kéier op dëser Plaz - well dat ass och net esou einfach, an enger Restrukturatioun nei Projeten unzegoen, nei Impulser vun der Regierung ze kréien, neie Wënsch vun de Gemengen nozekommen, déi alleguerten e Renouveau spieren -: Dat ass en Effort, deen ass considerabel! Dee kritt och net eng kleng Equipp gestemmt, an do ass all Dag Effort gefuerdert. An duerfir soen ech deene Leit och emol eng Kéier Merci! Dat geet net ëmmer einfach. Do wäert och nach deen een oder aneren Detail - an dat sollt ee jo als Deputéierten hannerfroen - emol eng Kéier schiflafen. Dozou sti mer dann och. Mä dat ass nun emol an esou engem Prozess net ze evitéieren.

Zwee Wierder dann och nach iwwer aner grouss Projeten, déi och an déi dote Kontexter falen. Mir schwätzen iwwer Diddeleng, wou mer et fäerdegbruecht hunn, neit Bauland ze mobiliséieren. Mir hu Friche-industriellë mobiliséiert a mir sinn amgaangen, an déi dote Richtung weider Efforten ze maachen.

Ech maachen e bëssen den Tour weider vun anere Froen, déi opkomm sinn.

Den Här Arndt: Wolz hunn ech, mengen ech, ernimmt; de Pensiounsfong hutt Der natierlech ernimmt. Do si mer an den Diskussioune mat dran. Ech mengen, de Minister Schneider huet dat och schonn an der zoustänneger Kommissioun eng Kéier thematiséiert. Mir sinn och amgaangen, eis ze gesi mat dem Kompensatiounsfong, fir do Méiglechkeeten ze fannen, fir nach Moyenen zur Verfügung ze stellen. An ech kann awer och jiddwereen heibanne berouegen, do gëtt natierlech och - an dat sinn d'Hüter vun de Pensiounen, Här Reding, do ginn ech lech och recht -, do gëtt opgepasst, dass do dann och e Modell entwéckelt gëtt, wou d'Pensioune garantéiert sinn.

Mä ech mengen, wann hei am Land ewell auslännesch Pensiounsfongen optrieden, fir hei am Land an den Immobilie ze investéieren, déi och mat Rendemente kënne rechnen, da fanne mer bestëmmt och Weeër, wa mer eis e bësse gescheit uleeën, dat mam Pensiounsfong ze maachen. Do si Méiglechkeeten an dorunner schaffe mer natierlech, fir do Weeër ze fannen, wéi een dat ka maachen. An déi passe schonn op hir Moyenen op.

Den Här Traversini huet d'AIS ernimmt. Do wëll ech awer och eppes soen, well och iwwert d'Privatakteure geschwat ginn ass: Déi Steierreform - an dat ass esou eng ënnerbewäert Mesure, déi 50% Exoneratioun vun de Loyeren -, dat rappt wierklech un, och wann ee mat der AIS schwätzt. Éischtens kréie mer domadder eidel stoend Wunnengen op de Marché. Dat ass amgaang ze geschéien. Déi Proprietairen, déi zwar wuel 30%-40% ënnert dem Präis verlounen, déi kréien duerfir awer nach en interessante Rendement heiduerjer. Mir kréien déi fräi stoend Wunnengen domadder mobiliséiert.

An et sinn och ewell Promoteuren, déi sech Gedanke maachen, wéi se nei Constructioune kënnen op deen dote Wee erabrénge mat Kontrakter, wou dann de Privatinvestisseur mat engem Kontrakt AIS kritt. An domadder kréie mer och neit Bauland mobiliséiert, wat natierlech och e Sënn mécht, fir Wunnengen hinzekréien. An dat ass en neie Wee, dee bestëmmt ganz interessant wäert sinn.

Et gouf nach eng Fro iwwert d'sozial Kritären an d'Lëschte bei dem Fong. Am Moment si ronn 2.200 Leit op der Waardelëscht vum Fong. Do ginn et ganz genee Kritären, no deenen dat vergi gëtt, déi sinn och festgehalen an Texter. Do kann ech lech net ëmmer déi richteg Waardezäit elo soen, well dat hänkt natierlech och dovun of, wat fir eng Famill et ass, wéi d'Revenuen ausgesinn, wat fir eng Wunneng se och brauchen. Et ass natierlech deemno wéi méi schwéier, eng Wunneng ze fannen, wou véier Schlofkummeren dra sinn, wéi eng mat zwou. Mä do gëtt et e ganze Koup u Kritären.

An och do Respekt un d'Equipp vum Fonds du logement, well déi hunn och net op d'Gesetz gewaart, mä de Service social ass do ausgebaut ginn. Do ass gekuckt ginn, dass déi dote Kritären och elo alleguerte kënne respektéiert ginn, souwäit dat méiglech ass bei esou Waardelëschten. An do sinn och Efforte gemaach ginn, fir ebe grad och no deene Leit ze kucken, fir dass dat och no korrekte Weeër kann ofgoen.

Den Här Wagner huet natierlech och allgemeng iwwert d'Logementspolitik an -problematik geschwat. Déi ass do. An ech ginn och jiddwerengem heibanne recht, dee seet, dass dat heiten de Logementsproblem net léist. Dat heiten ass just ee Wee, wou mer probéieren, dee Promoteur public, dee mer hunn, méi effizient a méi effikass ze maachen. Dat ass net d'Léisung! Dat hei ass net d'Baguette magique, fir elo ze soen: „Déi bréngen et elo fäerdeg, vun engem Dag op deen anere méi Wunnengen ze bauen." Dat solle se natierlech maachen, och méi héich Ziler hunn.

An do ginn ech awer och ee Beispill - et ass zwar de Mëtteg schonn eng Kéier ernimmt ginn: D'SNHBM huet virun zwee Joer eng Produktioun gehat vun 80 Unitéiten. Mat deenen hu mer eis och dohinnergesat a mir hunn eben och de politeschen Impuls ginn, fir dat an d'Luucht ze fueren. Ënner enger dynamescher Equipp an Direktioun an enger Presidentin sinn déi op de Plang gaange fir 250 Wunnengen d'nächst Joer. Déi sinn elo scho bei 230 Unitéite gewiescht d'lescht Joer, oder 233! Ma dat muss een awer och emol eng Kéier soen, eng Verdräifachung vun der Produktioun! Da kann een natierlech och d'Fro stellen, wa mer wëlle Vergaangenheetsbewältegung maachen: Jo, firwat hu mer dat net virdru schonn eng Kéier

duerch de politeschen Impuls gemaach? An dann eng Verdräifachung vun dem Produit! Gitt emol bei iergende Privatbetrib a bréngt et emol do fäerdeg, dass de Produit verdräifacht gëtt!

(Interruption)

An zwee Joer, dat ass egal. Et ass awer impressionnant. Et sinn aner Betriber, déi dat natierlech..., sot dat emol, den Direkter vun där Entreprise, dee kritt herno en décke Bonus ausbezuelt. An dat ass bei der SNHBM geschitt: eng Verdräifachung vun der Unitéit vun deenen, déi gebaut gi sinn. Dat, mengen ech, muss een och soen! An dat soll och eist Zil sinn, dass mer deen heiten Akteur méi fit duerfir kréien. D'Zukunft wäert eis soen, ob dat mat deem heite Gesetz geschitt.

Et ass eng Reform, déi eng nei Equipp wäert hikréie vun engem Direkter an Directeur-adjointen. A just, wann Der Iech wonnert iwwert d'Directeur-adjointen: Dat gëtt et och bei aneren Établissements publics. Duerfir weess ech och net..., also mir reiden hei op Detailer, dat ass jo och alles an der Rei, mä mir geet et net drëm, déi Vergaangenheetsbewältegung hei ze maachen oder fir nach iwwer Saachen... Dat heiten ass e Projet, fir an d'Zukunft ze kucken, fir op d'mannst ze probéieren, méi effizient ze ginn. Dat ass deen Effort, dee mer solle maachen. Sou solle mer orientéiert sinn an net anescht!

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech hoffen, dass vill Leit de Projet wäerten ënnerstëtzen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Lies freet Parole après ministre, oder?

M. Marc Lies *(CSV).*- Jo, Parole après ministre.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Okay.

M. Marc Lies *(CSV).*- Voilà. Här President, ech soen Iech Merci fir d'Wuert. Ma ech mengen, de Constat, deen och de Minister elo gemaach huet, iwwert dee si mer eis, mengen ech, heibannen zu 60 eens, datt an Zukunft méi Offer muss geschafe ginn, souwuel wat de subventionéierte Wunnengsbau, awer och de soziale Mietwunnengsbau ugeet.

Et huet mech awer elo eppes e bëssen interpelléiert, dat ass, wéi de Minister gesot huet, datt d'Quantitéit net esou wichteg wär, datt et méi wichteg wär fir d'Qualitéit.

M. Marc Hansen, *Ministre du Logement.*- Neen, dat hunn ech net gesot. Ech hu gesot: „Mir vergiessen, iwwert d'Qualitéit ze schwätzen." Dat soll och emol eng Kéier an der Chamber ernimmt ginn, d'Qualitéit.

M. Marc Lies *(CSV).*- Jo, ech mengen, d'Qualitéit, datt déi effektiv muss viru behale bleiwen, dat steet oder sollt ausser Fro stoen.

M. Marc Hansen, *Ministre du Logement.*- Ech hat se just bis zu menger Ried net héieren, duerfir hunn ech dat eng Kéier ernimmt.

M. Marc Lies *(CSV).*- Ech wëll just op de Volet vun der Quantitéit zréckkommen, well ech hat Iech do e puer Froe gestallt, och wat de Ratio dann dee Moment ugeet vum Fonds du logement, vu datt mat där Augmentatioun op 120 Milliounen, datt awer, bon, ech mengen d'Volonté do ass oder sollt do sinn, datt méi an de Beräich vun dem Mietwunnengsbau, vum soziale Mietwunnengsbau sollt investéiert ginn, wou notamment sécherlech och eng grouss Penurie ass, wat sécherlech misst vonstattegoen.

Da stellt sech awer och d'Fro vun der Rentabilitéit oder vun der Wirtschaftlechkeet dee Moment vun engem Fonds du logement, wann ee méi an de soziale Mietwunnengsbau, also fir d'Locatioun, investéiert. Dat huet sécherlech mam Faktor Rentabilitéit och ze dinn.

Eng aneren Saach, déi ech just gär wëll riichtstellen, wat vläicht och vusäite vun der DP-Fraktioun gesot ginn ass, ass, datt d'CSV der Meenung wär - dat stoung vläicht an deem ale Gesetzesprojet iwwert d'SNDU -, datt sollt eng Fusioun gemaach gi vum Fonds du logement mat der Société nationale des habitations à bon marché. Ech hunn et awer klipp a kloer gesot, datt dat net d'Vue vun der CSV ass! Dat wor 2012, do stoung dat am Gesetzesprojet, mä hautzudaags ass dat definitiv net méi d'Vue dovun.

Ech mengen, eng Société nationale des habitations à bon marché, do ass och gesot ginn, datt déi iwwert déi lescht Joren eng Produktiounssteigerung huet, wat sécherlech eng Volonté ass vusäite vun der Société nationale des habitations à bon marché.

(Brouhaha)

Ech hätt awer verschidde Froen, well ech gesinn, datt verschidden Dammen an Hären elo ufänken nervös ze ginn, wat dann dee Moment...

(Interruption)

Neen, neen, neen, absolutt guer keng Questioun!

Ech hat de Minister och gefrot gehat, ben, ech mengen, wat mech e bëssen irritéiert huet, och op déi Question parlementaire hin, déi ech Iech gestallt hunn, a wat ech awer e bësse gelunge fannen, dat ass, datt Parzellen, déi hei an der Stad nach hannert dem Kierfecht zu Märel situéiert sinn, datt am Kader vun der Refonte vum PAG d'Stad Lëtzebuerg dës Terrainen ëmklasséiert huet, déi 2009 mat der Stad Lëtzebuerg echangéiert gi sinn, Terrainen, déi relativ einfach ze lotisséiere woren, firwat datt de Fong do net reklaméiert huet - déi éischt Fro.

An dann awer och nach eng Kéier, wat d'Funktiounsweis respektiv d'Fonctioune vun deene jeeweilegen Direkteren ugeet: wat dann elo de Generaldirekter, wat dee vu Fonctiounen huet, an dann awer och seng Sous-Direkteren, wat dann hir Tâchen an Zukunft solle sinn.

Ech mengen, dat sinn awer wichteg Aussoen, déi eis kënne weiderhëllefen: wéi dann déi ganz Equipp an Zukunft viruschafft, awer och dee Volet vun de Ratioen, wéi gesot. Gëtt an Zukunft méi notamment op de Mietwunnengsbau fokusséiert vusäite vum Fonds du logement? Oder wéi ass de Ratio zwësche Vente a Locatioun?

Ben, ech mengen, dat sinn och déi Froen, déi de Minister virun enger Rei..., deemools nach als Statssekretär, gestallt huet: wat dann d'Missioun ass vun engem Fonds du logement, a wat fir eng Richtung datt e soll higoen. An duerfir ass, mengen ech awer, e Ratio, wat d'Vente an d'Locatioun ugeet, extrem wichteg. An ech mengen, dat si Froen, respektiv hätte mer och gär Äntwerten dorop. Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Marc Hansen, *Ministre du Logement.*- Also e puer Äntwerten, awer fir emol unzefänken dann dee Volet vun dem Ratio. Déi lescht Aktualisatioun vun dem Programm vun der Construction d'ensembles, deen huet zwee Drëttel fir d'Locatioun an een Drëttel fir d'Vente. Ech mengen, dat ass e Ratio, vun deem en emol soll ausgoen. Mä Dir wësst gradesou gutt wéi ech, dass dat ganz dacks eng Diskussioun ass, och zwëschen dem Fonds du logement oder iergendengem Akteur an der Gemeng.

An da musse mer déi Diskussiounen natierlech och dee Moment féieren an da kann ech Iech déi Fro och eng Kéier ëmdréien, wann eng Kéier de Fonds du logement bei Iech kënnt an déi soe bei Iech: „Ma kënne mer do 100% Locatif maachen?", dann hutt Dir natierlech och Är Iwwerleeunge wéinst der Mixité sociale, fir ze kucken, dass dat ka fonctionnéieren. An da soll dat dee Moment zesummen och (veuillez lire: gekuckt ginn), duerfir kann ech Iech elo keng absolutt Zuel soen. Ech ginn Iech déi Indikatioun vun dem Programm vun der Construction d'ensembles, dass dat en interessante Ratio ass.

Mä ech mengen, Dir als Buergermeeschter wësst jo selwer, dass dat net iwwerall de Fall ass an dass Dir och vläicht heiansdo als Buergermeeschter op deem engen oder anere Projet do, wann ee mat esou engem Ratio kënnt, deen emol vläicht ëmgedréit hutt. Ech kann dat net wëssen. Ech weess et och net. An ech géif och näischt esou soen iwwert déi eng oder aner Gemeng, well ech dat net kann aschätzen. Mä dat existéiert, och wann ee sech Ratioe setzt, soudass een och net do kann eng absolutt Zuel soen, déi anzehalen ass.

Da fannen ech dat jo och interessant, wann Der Question-parlementairë gestallt hutt, elo stellt Der se nach eng Kéier! Ech hunn Iech eng Äntwert dorobber ginn. Déi Terraine, vun deenen Dir schwätzt, also dass mer an där heiter Diskussioun, wou mer eng Reform maachen iwwert d'Effizienz an d'Zukunft vum Fonds du logement, elo ufänken, iwwer eng Parzell hannert dem Märeler Kierfecht ze schwätzen! Dat kënne mer gär maachen, mä da si mer natierlech eng Zäitchen...

M. Marc Lies *(CSV).*- Et geet och ëm d'Quantitéit vun deene Wunnengen, déi solle gebaut ginn. Wann dann Terrainen, déi ausgewise si fir Wunnengsbau...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Lies, wann ech gelift...

M. Marc Lies *(CSV).*- ...a si ginn herno ëmklasséiert a Zone économique.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ...den Här Minister huet elo d'Wuert, just de Minister!

M. Marc Hansen, *Ministre du Logement.*- An ech ginn Iech och nach eng Kéier do d'Äntwert, well Dir hutt se och an der Question parlementaire natierlech gelies. Déi Terraine sinn deemools... Da kënne mer nach eng Kéier den Historique och elo maachen, da sëtze mer..., dann zielen ech dat elo nach eng Kéier an erklären ech dat elo nach eng Kéier! Wéi déi Terrainen do kaaft gi sinn, an dat steet an der Question parlementaire dran, do steet an dem PV vun deemools, dass „membres réticents" do waren. Déi wollten dat net kafen, well se net woussten, wat iergendjee eng Kéier géif do erauskommen. Dunn ass gesot ginn als Argumentaire, fir déi ze iwwerzeegen: „Ma déi huele mer, déi Terrainen, als «monnaie d'échange»." Sou sinn déi Terraine kaaft ginn. Dat steet am PV! Dat hunn ech Iech geäntwert.

An dat ass et hautzudaags och nach ëmmer: eng Monnaie d'échange. Déi kommen, deemno wéi, aus enger Zone - ech kennen d'Zone elo net méi auswenneg -, elo an eng Zone économique. Do ass jo dann och eng Valeur domadder geschafen. An et ka jo awer och net nëmme sinn, dass mer just d'Terrainen hunn, fir d'Valeur ze kucken, mä dat kann och als Monnaie d'échange gekuckt ginn. An dat ass ee vun de Punkten, fir dat doten ze maachen.

An dann hunn ech net gesot hei, dass ech just iwwert d'Qualitéit géif schwätzen. Ech hu gesot: „Dat däerfe mer net vergiessen nieft der Quantitéit", wou mer haut de Mëtteg jo ganz vill driwwer geschwat hunn; iwwer Effizienz an iwwer Zuele soll een d'Qualitéit net vergiessen. An dat hunn ech haut de Mëtteg hei nach eng Kéier ernimmt, well dat Wuert bis dohinner nach net gefall war an dat awer och fir de Fonds du logement a fir aner Akteure ganz wichteg soll sinn.

D'Rentabilitéit vun engem Fong, do si mer natierlech amgaangen hei - an Dir hutt d'Koeffiziente gesinn, wéi dat Ganzt berechent gëtt -, fir dass dat esou transparent wéi méiglech ass, dass eng analytesch Kontabilitéit ka gefouert ginn, och kloer ka getrennt ginn zwëschen dem Subventionné an deem, wat et an der Vente libre gëtt, dass een dat och eng Kéier ganz gutt kann analyséieren. An dat sinn eben alles Elementer, fir dat esou transparent an esou effizient wéi méiglech ze maachen.

Ech soen awer: D'Zukunft wäert weisen, ob deen dote Modell dann d'Strooss hält. Mä et ass awer an déi dote Richtung geschafft ginn, fir eben déi Rentabilitéit ze maachen. Mä wann awer, an däers musse mer eis och bewosst sinn, d'ëffentlech Hand decidéiert, méi Locatif ze maachen, da kascht dat och méi Geld! Well Dir wësst et, ech weess et - Règlement grand-ducal -, dat, wat do als Recette erakënnt, da musse mer och wëssen, dass dat Geld kascht. An dann ass et entweder eng Diskussioun, déi mer elo reng ekonomesch féieren, da si mer op den Diskussioune vun dem Privatmarché, déi mer och haut de Mëtteg haten, dat mer net wëllen. Oder mir soen och: „Et kascht Geld."

A wa mer méi Locatif maachen - an ech verstinn Iech awer och ëmmer, dass Dir dat méi wëllt -, mir wëllen dat méi an dat heiten ass ee Wee, fir dat ze goen, mä dee kascht nun emol och méi Geld. An do gëtt et net nëmmen d'ekonomesch Rentabilitéit. Well Dir hutt recht: De Règlement grand-ducal soll een eng Kéier iwwerschaffen. Dat ass awer eng laang a Sisyphusaarbecht, fir dat ze maachen. An do muss een awer och ëmmer duerno kucken, dass et eben no sozioekonomesche Kritäre gehalen ass, fir dass dobaussen d'Leit natierlech, déi do ënnerdaach solle kommen, kënnen ënnerdaach kommen.

Une voix.- Sidd Der fäerdeg?

Une autre voix.- A wat fir engem Zeenario si mer?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- A wat fir engem Zeenario si mer?

(Interruption)

Mir hunn d'Parole après ministre. Dat hu mer gemaach. Mir hunn eist Reglement, dat seet, dass en Deputéierten net méi wéi zweemol intervenéiert an engem Debat. Och dat, mengen ech, hätte mer elo respektéiert. Ech géif mengen, dass mer elo um Enn vun der Diskussioun ukomm wären an dass mer net elo en Dialog maachen zwëschen dem Minister an engem Deputéierten. Ech géif mengen, dass dat korrekt bis elo ofgelaf wär.

(Brouhaha et interruptions diverses)

M. Marc Hansen, *Ministre du Logement.*- Däerft ech d'Tribün verloossen?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also Dir sidd - net definitiv, mä fir den Owend - entlooss. Merci. Merci och fir d'Versteesdemech.

A mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6916 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6916 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt...

(Brouhaha)

Vergiesst net ze stëmmen! D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

37-mol Jo, 21-mol Nee. Domat ass de Projet adoptéiert.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding (par M. Yves Cruchten), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Marc Angel), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Roberto Traversini) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marc Lies), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Nächste Rendez-vous an ëffentlecher Sëtzung ass de 25., 26. a 27. Abrëll. An der Zwëschenzäit ginn d'Aarbechten an de Kommissioune weider. Merci gesot an e schéinen Owend!

(Fin de la séance publique à 18.38 heures)

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram